

D'BERTA

ALS

"PORTE - BONHEUR"

Komme'disteck an 3 Akten
fir d'Jongmédercher arrange'ert

vum

Br. Henri Rock o. f. m.

Perso'nen:

Berta, Bonne, 18 Joer

Jacqueline, Møler-artiste, 20-25 Joer

Mme Ribou, 50 Joer

Augustine, Tata v. Berta, 40-50 Joer

Edoline Fröndinnen v. Jacqueline, 20-25 Joer

Nelly

Mme. Kremer, eng Assistante sociale

De' 3 Akten spillen am sèlwegten Decor, dem Jacqueline seng Stuff,
de' zo'gleicher Zeit Salon an Atelier ass. 3 Dirèn, lenks an d'Kichen,
riéchts an en Zömmen, am Fong an den Hausgank.

I. Akt

I. Szén, Jacqueline, dann Berta.

Wann de Vorhang opgét, schafft d'Jacqueline un der Reproductio'n vun engem Bouquet, dén um Dösch stét. 't sötzt riéchts op der Bühn, d'Staffelei ass eso' gestallt datt én net drop geseit.)

Jacquel: (riff) Berta: - Berta: (keng Äntwert, riff ganz hart) : Berta: ('t he'ert én an dém Moment we' e Steck Parzelein erfällt. Jacquel. sprengt op, a reisst d'Kiche'dir op) Oh, dat ass nun dach ze stark! Mein Zoppekomp! Komm heihin Berta: (könt eran, reiwt sech d'Aen we' wann et grad erwächt wär) Wat huet dir elo röm gesticht?

Berta: 't ass meng Schold net, Joffer! (gâpst)

Jacquel: We'? Ass et vleimt meng?

Berta: Ben Jo....

Jacquel: Par exempel!

Berta: Ech war um Dösch emtschlôf, an natirlech, we' d'Joffer eso' gebröllt huet, sin ech én Zock erwächt, an domat hun ech den Komp erfogesto'ss.

Jacquel: Entschlôf? 't ass onerhe'ert! D'Joffer schle'ft an der Kichen Sit dir eso' midd?

Berta: Oh, nén. Ech hu vill me' d'Zeit lîng!

Jacquel: Fand dir dann neischt ze mâchen?

Berta: Oh dach, ech ge'f jo wuel de Stôt mâchen, awer d'Joffer huet mir et jo verbueden.

Jacquel: (sötzt sech erem bei d'Staffelei): Ech hun iech et verbueden, weil dir onfâheg derzo' sit. Dir braucht jo nômmen eppes unzere'eren fir datt et a Stecker gét.

Berta: Oh, 't passe'ert net me' !

Jacquel: Wirklech, huet dir dann eso' vill beigele'ert?

Berta: Oh, dât net, - mä 't ass bîl neischt me' do!

Jacquel: Formidabel! Ah, ech froe mech wo' ech mei Kapp hât, we' ech iech a mein Dengscht geholl hun.

Berta: Ech och.

Jacquel: Allez, mâcht dass der eraus kommt, lîsst mech schiaffen!

Berta: Gutt, Joffer (gét of, gleich erem) An de Stôt? Mâchen ech en oder mâchen ech en net?

Jacquel: Lîst alles sin, dir huet scho genug zum Onwé gemâcht.

Berta: Also gutt....mä wât soll ech dann mâchen, dir huet mech dach erwächt.

Jacquel: (fir em lass ze gin)... Ech wés et net. - Kuckt als nom Môttegiessen.

Berta: Gutt! (of, gleich erem) Wât soll ech da kachen?

Jacquel: (agacé'ert) Mä ech wés et net, Mâdchen, ass dann neischt me' an èren Döpfer?

Berta: Dach, nach e we'neg Mûrten vu Geschterowend.

Jacquel: Ass dât alles?

Berta: 't sin och nach e we'neg Bo'nen vu Virgescht, de' én nach könnt wîrmen.

Jacquel: Jo, dât ge'ng!

Berta: 't ass blo's ké Flésch do!

Jacquel: Da get ébe ként giess : Mir iessen dann e Sonndeg e gudde Beefsteak, wann et mir me'glech ass bis dohin én oder dén âneren Tableau bezuelt ze kre'en. - Allez, git elo, a passt op wât dir ugreift.

Berta: Gutt, Joffer (of no lenks) - ('t klappt am Fong)

Jacquel: Entrez!

2. Szén, Jacquél., Ribou, dann Berta

- Ribou: Bonjour Joffer Bina.
Jacquél: (erhiewt sech se'er, gét er entge'nt) Bonjour Mme. Ribou. Brengt dir mir e Bre'f?
Ribou: Nén!
Jacquél: Wirklech?
Ribou: Mä dir werdt dach net gléwen ech ge'f iech e Bre'f önnerschlo-en. Wann ech én hätt da krít dir en!
Jacquél: Eso' e Pech! - An de Bre'fdréer könt haut net me'?
Ribou: Bestömmt net. - Huet dir dann eppes erwart?
Jacquél: (enttäuscht): - Mä jo!;;....
Ribou: Bero'egt iech Joffer, dann ass et fir mâr.
Jacquél: Nén, dann ziélen ech net me' drop. Mä tant pis!....Watt wir iéich da gefälleg, Mme?
Ribou: (ze't eng Quitotong aus der Täscher) 't ass haut de 15. Ech komme fir meng monatlech Visite.
Jacquél: Ah, jo, d'Quitotong?
Ribou: 't schengt dir fréé iéich net besonnesch drop?
Jacquél:Dir huet Recht!
Ribou: Nu ja, ech verstinn, d'Zeiten si schlecht, besonnesch fir d'Artisten.
Jacquél: Könnt dir net nash e puer Dég warden?
Ribou: Ech könnt schon, awer den Hausméschter....
Jacquél: O, dé wêrd jo och net eso' sin.
Ribou: Gutt, gutt, mâcht iech neischt draus. Ech soen eben dir wirt net grad do gewiescht an domat basta.
Jacquél: Merci Mme Ribou!
Ribou: (wirt of) 't ass net der Me' wert, dât sin eso' kleng Servicer, de' én dém âneren léschte muss. Ass d'Berta ne. hei?
Jacquél: Dach Mme. Wöllt dir et gesin?
Ribou: Wann et iech net déränge'ert, ech ge'f gèr eng kleng Causettchen mat him hâlen.
Jacquél: Dât ass einfach. (riff) Berta!
Ribou: 't ass eso' artlech, dât Kand! (Berta kent eran) Ah, meng Meischen, we' geseis du eso' gutt aus! Komm datt ech dir eng Bés ginn. ('t geschitt)
Berta: Bonjour Nounou!
Ribou: Nounou! - Sech soen, datt et mech sei ganz Liéwen Nounou riff. Also meng Môd, bass de zefridden mat denger Patronne. Si mecht dech dach net zevill midd?
Berta: Nén, ech ka mech net ze vill bekloen.
Jacquél: Glecklecherweis.
Ribou: Dir musset wössen, 'tass eng kleng Natur, dir musset net zevill vun him verlangen.
Jacquél: Ech hun dât scho gemierkt.
Ribou: Si léscht iéich dach alt Dengschter?
Jacquél: Dât könnt drop un we' dir dât mengt, Mme Ribou.
Ribou: Hein?
Jacquél: Mengt dir als Modell, oder als Bonne à tout faire?
Ribou: hm...ech wés net, ech...de' zwé?
Jacquél: An e'schte Fall muss ech soen datt si mech befriddegt.
Ribou: (befriddegt) Ah!
Jacquél: Si ass e perfekte Modell. Si kann Stonne lãng onbeweglech bliewen.....
Ribou: Ech hât iéich jo gesot, 't ass eng Pèrel.
Jacquél:aus dém gudde Grund, a 5 Minutten schle'ft se. Blo'ss so' bal we' si sech bewegt da get et eng Katastrophe iwer de' âner.
Ribou: Wât dir net sôt! Ass dât bei Gott me'glech? E Kand dat ù menger Broscht gezillt ass, an dât schon als Kôndchen eso' gutt Dispositio'nen hât.

- Jacquel: 't muss é bâl unhuelen datt et zevill se'er gewuess ass. An trotz ère Recommandatio'nan, Mme Ribou, gesin ech mech gezwongen, wann ech nach wöll e ganzen Teller am Haus behâlen, mech vun him ze trennen. (Bei dém Wuert kreischt Berta ganz hart)
- Ribou: Ah, dât musst dir net mâchen. (höllet d'Nuesschnappech fir dem Berta d'Aen ofzewöschén) D'armt Kand ass eso' artlech. Dir musst Gedold hun, Joffer Bina. 't werdt scho goen.
- Jacquel: Ech gléwen net. Op jidde Fall léscht hat mir kén Dengscht me', ech môle keng Portrae me', ech hu mech ewell ganz op Stilleben verluegt.
- Ribou: Ob dât zo' èrem Bèschten ass, dât wés ech net. Jiddenfalls sollt dir iech net vun dém Kand trennen.
- Jacquel: Mâ wat sol ech da mâchen mat em?
- Ribou: Dât gét mech neischt un. Ech hun iech schon awerte'ert. Dât Klengt do, dât ass eng Mascotte, oder, wann dir et le'wer eso' wöllt, e Porte-Bonheur. Sie huet nach iwer al d'Gleck bruecht, wo' se passe'ert ass. A wann dir d'Kand virun d'Dir setzt, da gét ganz bestömmt d'Gleck mat him lânscht èr Dir.
- Jacquel: Mich ge'f iech jo ganz gèr gléwen. Awer bis elo, kann ech et bezuelen, an önnerrhâlen, an während dénen 3 Me'nt wo' et ewell hei ass hun ech nach neischt vun senger Wonnerkraft gemirkt.
- Ribou: Dât ass nach lang ké Beweis fir net ze gléwen. Denkt iech dach: Hat ass gebueren op engem Freideg, den 13. ponkt 13 Auer.
- Jacquel: Dât ass ké Beweis.
- Ribou: Ké Beweis? - Wât wöllt dir dann nach me'? (tre'scht d'Berta, fe'ert et bei d'Kichendir): Ge' an d'Kichen meng Meischen. Mâch dir keng Surgen wegent der Patronne, si ass gur net be'ss. Op jidde Fall, ech sin hei fir iwer dech ze wâchen. ('t schellt) (zua Jacquel): He'ert dir? Wat hun ech iech gesôt! 't ass bestömmt e client. Derange'ert iech net, ech gin opmâchen.
(Mecht d'Dir am Fong op. Edoline an Nelly kommen, Ribou gét fort a mecht d'Dir zo')

3. Szén, Jacquel; Edoline, Nelly, dann Berta.

- Edoline: (zum Nelly) Geseis de, ech hu jo gesot, 't wir nach hei!
- Nelly: 't ass wo'er. (emärnt d'Jacquell) An Jacqueline, wât ass lass? Mir hu gemengt du wirs enner Wé an Amerika?
- Edoline: (emärnt et och) Ass d'Rés zreckgesât?
- Jacquel: Ech fârte ganz, 't get neischt draus.
- Edoline: (sôtzt sech) Net me'glech?
- Nelly: (grâd eso') A we' dât dann, 't huet dach geschengt éscht ze sin?
- Jacquel: 't war eso' gutt we' perfekt!
- Edoline: Ass da wirklech all Hoffnung hin?
- Jacquel: Leider, leider, klengt Edoline, 't ass wirklech aus!
- Edoline: Oh:!
- Nelly: Mâ da sôt mir dach emol em wât et eigentlech gângen ass.
- Jacquel: Huet d'Edoline dir et da nach net gesôt, Nelly?
- Nelly: An de gro'sse Linien, jo, ech hätt awer gèr Einzelhéten.
- Jacquel: Da lauschter. Virun engem Mo'nt krut ech e Bre'f vun eiser Fröndin Brigitte Mérot, de', we's de wés eng glänzend Situati-o'n beim Film an Amerika huet.
- Nelly: 't schafft do am Décor der intérieurs, gelt?
- Jacquel: Jo, hat war ömmer ugezuen durch de' grell Farwen, am le'wsten hätt et am Technicolor geschafft.
- Edoline: An elo huet et dech an dém Gebiet pistône'ert?
- Jacquel: Nén, 't huet mech an enger ganz ânerer Branche recommande'ert. Ech hu misse gleich en Echantillon vu menger Arbecht aschecken.
- Edoline: An du hues et gemâcht?

- Jacquel: Awer secher. A gléw mir, ech hun net gewackelt. Eso' dat ech 8 Dég drop schon d'Aentwert hât: De Virschlag fir e Kontract mat der betreffender Compagnie, de' mech opgefoardert huet sofort anzetrieden.
- Edoline: An d'Conditio'nen? Interessant?
- Jacquel: Onerwart interessant. (Berta könt onverhofft eran, bleiwt bei der Dir stoen) An? Wat get et Berta? Wât sin dât fir Mane'eren? Könnst dir net klappen e'er dir erakommt? Wât wöllt dir?
- Berta: Ech wöll neischt Joffer.
- Jacqueline: An dann?
- Berta: An dann, d'Joffer huet mir nach ömmer net gesôt wât ech soll mâchen.
- Jacquel: Ah, dir huet dach de Schick engem op d'Nerven ze gon.
- Berta: 't ass well d'Zeit mer lâtng get, eleng an der Kichen.
- Jacquel: Nu ja, da git, a le'ert am Kachbuch folgend Rezept auswendeg: Homard à l'américaine. Huet dir verstanen? Mir können dât gebrauchen wa mir eis enol e gudden Diner léschte können.
- Berta: Gutt. (of an d'Kichen)
- Nelly: We'? Du hues dât Specimen nach ömmer?
- Jacquel: Schwätz mir net dervun, mâ lôsst mir fir d'escht eist Gespräch vun elo grad ferdeg mâchen. Wo' ware mir drun.
- Edoline: Du hues vun dém wonnerbare Kontrakt geschwât.
- Jacquel: Ah jo. An no der amerikanescher Methode, war an dèr Propositio'n festgeluegt datt ech mech berét ze mâchen hât fir a 7 Dég Zeit iwer ze kommen.
- Edoline: Ganz eleng?
- Jacquel: Nén, nat engem Agent vun der Gesellschaft, de' fir de Moment hei an der Stâdt am Hôtel Alfa wir, an dé meng Awöllegong sollt entge'nthuelen. Mir sollten dann um Findel den Avion huelen.
- Edoline: An du? Du hues neischt gemâcht?
- Jacquel: Du kanns wuel denken? Ech wêrdt mir eso' eng Geléenhét lânscht d'Nues goe lôszen. O'ni eng Minutt ze warden hun ech e Bre'f ogesât, an en an den Hôtel Alfa bringe gelôss.
- Nelly: A watt hues de fir eng Äntwert kritt?
- Jacquel: Neischt!
- Edoline: We'?
- Jacquel: Ech warden nach ömmer....
- Nelly: We' ass eso' eppes me'glech? Wat fir en Dâg war et?
- Jacquel: Méndeg!
- Nelly: An haut ass Donneschdeg. 't ass nach net lâtng, 't kann nach kommen.
- Jacquel: Neischt könnt me'. Ech hu gewart bis geschter muergen. Du hun ech an den Hotel Alfa telephone'ert, no'm Hr. Flemming gefrôt Mein Amerikaner war grad vir enger Stonn vun Findel fortgeflun.
- Nelly: Ah, eso' e Pech!
- Jacquel: An elo! 't ass erlantscht, ech hât mir Illusio'ne gemâcht fir neischt.
- Edoline: Oh, du armt Jacqueline, we' muss de do enttäuscht gewiéscht sin?
- Jacquel: Du kanns der denken!
- Nelly: An elo, wat gés de elo mâchen?
- Jacquel: Wât soll ech ânescht mâchen, we' viruführen ze schmieren, an ze probe'eren dat ech enger toile lass gin. 't bleiwt mir jo keng âner Wiel.
- Edoline: (gét bei d'Staffelei) Hues de d'Porträte'eren opgin?
- Jacquel: Maja, ech hu mech elo un d'Stilleben gin, dât xhange'ert mech e we'neg.
- Edoline: (bewonnert den Tableau) Du hues wirklech eppes lass.
- Jacquel: Schued dass du eleng bass fir mech ze apréie'eren.
- Nelly: (ass och bei d'Staffelei gângen) Lo proteste'eren ech, mir sin zo' 2.

- Jacquel: 't ass ganz le'f vun iéech. An du Edoline, watt get mat dir? - Gét deng Modellzéchnong nach ömmer?
- Edoline: 't gét, ech kann net kloen. Ech hun elo grâd mat der A.Z. verhandelt, si iwerle'st mir all Woch 2 Seiten fir meng Mo'denzéchnongen.
- Jacquel: Bravo. Du hues dei Wé fondt.
- Edoline: Dât hält mech awer net dervun of, mech nach ömmer fir d'Molerei ze interesse'eren. Iwerhâpt, elo denken ech drun, git der mat op d'Inauguratio'n vun der Expositio'n Paraillé?
- Jacquel: Wo' ass de'?
- Edoline: Beim Hurtemeyer.
- Jacquel: Ech bedauern, left Edoline. Ech apprécie'eren jo dem Paraillé sein Talent, awer den Hurtemeyer ass e Kèrel dém ech net me'gèr bege'nen.
- Edoline: Wirklech?
- Jacquel: Hié wollt nie eng Toile vu mir ausstellen, bei eiser lèschter Entrevue hât hié mir ge'geniwer e Benehmen dat ech net beschreiwè kann.
- Nelly: Den Hurtemeyer ass durfir bekannt, ech si ganz denger Ménong.
- Jacquel: Jiddefalls, ech setze ké Fo'ss me' bei hién eran.
- Edoline: Ech verstinn dât. An du Nelly, gés du net mat?
- Nelly: Nén, ech bleiwen hei beim Jacqueline, du kens mech da sichen, wanns de lanscht gés.
- Edoline: Gutt, also dann bis derno: (of)

4. Szén, Jacquel, Nelly, Berta

(Berta kent aus der Kichen)

- Jacquel: Wât wöllt dir nés?
- Berta: Ech si fèrdeg Joffer, ech kann et auswendeg!
- Jacquel: We'?
- Berta: Ech kann iéech et opsoen, Joffer!
- Jacquel: Wât opsoen? Wât sin dât fir Mane'eren, Berta?
- Berta: Maja, ech hu gemâcht wât dir gesôt huet. Ech hun d'Rezept vun Homard à l'Américaine auswendeg gele'ert: (sét op) "On découpe le homard en morceaux que l'on jette dans un chaudron avec un gros morceau de beurre et un peu d'huile.; on ajoute du poivre rouge....."
- Jacquel: (lâcht): Genug, genug, Berta.
- Berta: Ech wés eso' bis un d'Enn.
- Jacquel: Kuckt dat dir an d'Kiche kommt. Mir brauchen iéech net hei.
- Berta: Gutt, gutt, (gét aus, gleich erôm) Ech hun awer neischt me' ze mâchen.
- Jacquel: Mâ dir brengt é richtig aus dem Heischen, Berta. Mengt dir ech hât soss neischt ze mâchen, we' mech mat iéech ofzegin?
- Berta: Mâ jo, ech verstinn.....awer we' kre'en ech d'Zeit erem wann ech neischt ze mâchen hun?
- Jacquel: Huelte ert d'Kachbuch erem an da le'ert dir d'recette fir: Choux à la crème, - pâté de foie gras, a canard à l'orange.
- Berta: Dât alles? - Do hun ech we'negstens fir eng ganz Stonn.
- Jacquel: Dât hoffen ech och. De' Zeit hun ech we'negstens meng Ro'h.
- Berta: Ah gutt (während et ausgét): Choux au foie gras, canard à la crème, pâté d'orange....Wann ech menh alt nach un alles erönnere. (of an d'Kichen)

5. Szén, Jacquel, Nelly

- Nelly: Wât en Numero hues du do, Jacqueline.
- Jacquel: Do hues de recht. Du stellst der net vir we' et mech munechmôlagace'ert.
- Nelly: A wuerfir häls du et?

- Jacquel: 't ass protégé'ert vu menger Concierge. Si war seng Nourice.
Nelly: Jo, ech wés, mä dat ass dach keng Ursâch. Du bass dach weit der-
vun d'Moyeen ze hun fir eng Bonne à tout faire ze hâlen?
Jacquel: 't handelt sech net dodrem. 't léscht mir besonnesch Dengschter
als Modell.
Nelly: 't ass en deiere Spâss. Bezuels de 't op de Mo'nt?
Jacquel: Am Prinzip.
Nelly: We'?
Jacquel: Well ass et drei Me'nt hei, an ech hun him ere'scht én bezuelt.
Nelly: An hat ass es zefridden? - A sô, wanns de dann elo an Amerika
gânge wirs? hätts d'et matgeholl?
Jacquel: Vleicht.
Nelly: We'?
Jacquel: Do wonners de dech, gelt?
Nelly: Dât stömmt, well ech froe mech, watt dach nömmen un dât Médchen
banne kann. 't ass dach bestömmt dât dommt wat ech jé bege'nt
hun. Do müss du mir dach recht gin?
Jacquel: Oh, jo!
Nelly: An?
Jacquel: An, ech wés net...well do ass nach eng âner Sâch.
Nelly: Ech froe mech wât?
Jacquel: (no enger klenger Paus, lét de Pinsel eweg) Lauschter Nelly, bass
du abergläubesch?
Nelly: Net de' Bo'n! Mä wurfir frés de dât?
Jacquel: Well ech et sin?
Nelly: 't ass jo dei recht. Mä ech verstin net wât dât fir e raport
mat....
Jacquel: 't ge't awer én.
Nelly: Ah?
Jacquel: Hâl dech fest, Nelly, d'Berta ass eng Mascotte, e Porte-Bonheur
wanns de wölls.
Nelly: Dât ass zevill drôleg. Wo' hues du dât gesicht?
Jacquel: 't ass e Sekret, ech hun et vun senger Nourice.
Nelly: Deng Concierge?
Jacquel: Jo!
Nelly: An dann? Huet et dir da scho Gleck bruecht?
Jacquel: Nach net.
Nelly: Ech gesin dât. Mä op wât base'ert deng Concierge hir Behâptong?
Jacquel: - 't ass gebueren op e Freideg, den 13. vun Mo'nt.
Nelly: Ass dât alles?
Jacquel: Dât wir natirlech net vill, wann seng Krâft sech net schon
durch Tâtsâchen bewisen hätt.
Nelly: De's du kontrole'ere konns?
Jacquel: Si sin ais gudder Quell.
Nelly: (change'ert den To'n) Mei le'vt Jacqueline, ech gin dir e Rôt.
Jacquel: A wât fir én?
Nelly: Du solls me' eraus goen.
Jacquel: Fir wât?
Nelly: Well dât Agespârtsin mat dém Framönsch, dém seng Intelligenz,
weit önnner dem normalen Niveau ass, uKänkt op dein Temperament
ôfzefirwen.
Jacquel: Fir wât sés du mir dât? Well ech dir agestânen hun, datt ech
abergläubesch sin? Bin d'Fraen dât net all me' oder we'nèger?
Nelly: Jo, ech gin zo'...Dat é fârt e Prabli am Zömmmer opzemâchen, oder
den 13. bei Dösch ze sin, dât verstin ech. Mä vun dô bis, en
dommt Médchen am Haus behâlen, bezuelen aus dem énzege Grond,
well hat é sche'nen Dâg könnt Gleck brengen, ass dach e weite
Wé. - Dât dépasse'ert all Imaginatio'n!
Jacquel: Ech fêrten du bass schwe'er ze iwerzégen.
Nelly: Ech bieden dech, verle'er deng Zeit net!
Jacquel: Ech verzielen dir dach e puer Tâtsâchen, du wärs dech wonneren.

- Nelly: Dem Berta seng Wonner?
Jacquel: Wanns de eso' wölls. - Dem Berta seng lescht Plätz war bei engem klengen Rentier.
Nelly: Huet den et l'ong gehâlen?
Jacquel: Ô Me'nt!
Nelly: Oh, den ongleckleche Mann. - Fuhr virun....
Jacquel: Gutt verstanen, hat huet alles verke'ert gemâcht. E sche'nen Dâg get hién en 1000 Frang, fir e pur Commissio'nen ze mâchen, önnerrwé huet et sech weckele gelôss vun engem Mann dé Loterie-lo'se verkâft huet.
Nelly: An du? Du werds mir elo secher verziélen datt dé Billiet sengem Patron eng Millio'n abruecht huet?
Jacquel: d'Halschecht: 500 000 frs.
Nelly: Ann? Wât beweist dât?
Jacquel: Dât beweist datt d'Berta wirklech Chance huet.
Nelly: Ass dât alles?
Jacquel: Nén, 't kônn nach besser.
Nelly: Ech lauschteren!
Jacquel: D'Berta war am Dingscht bei engem Bauer.
Nelly: Huet et vill Plätzen eso' passe'ert?
Jacquel: 3 e'er et heihi komm ass.
Nelly: A wat huet et dann Sche'ns um Haff geliwert? Huet et eng Ko'h gerett?
Jacquel: Me' we' dât: 't huet seng Herrschâft gerett.
Nelly: Oh, oh!
Jacquel: An senger Borne'erthét huet et eng Ke'er de Schwein d'Champignoén higehet, de' fir d'Nuechtsiessen fir d'Herrschaft bestômmt waren. De Bauer huet et direkt virun d'Dir geheit, awer den âneren Dag waren all de' Schwein agangen.
Nelly: Einfachen Zo'fall.
Jacquel: We's de wölls: Wölls de nach en Exempel?
Nelly: Get et nach en Drött?
Jacquel: Oh jo! Ech hätt eigentlech sollen mat dém ufänken, well et handelt sech en seng e'scht Patronne, d'Witfra vun engem Althändler, de'n am E'sleck wunt. De' brav Perso'n hât eng herrlech Collection Bijouen. Onglecklecherweis hât si mat den Nerven ze dongen, a konnt net schlôfen o'ni eng stark Dosis Schlofmöttel. E sche'nen Dâg krut si Besuch vun enger ganz nobler Perso'n, si huet sech Baronin genannt, an sech allerhand fir de' Collectipn Bijouen interesse'ert. O'ni Misstrauen huet d'gutt Frâ se gewisen. Während dèr Zèit huet d'Berta en The' berét gemacht am Salon niéwendrun, natirlech huet et gleich d'Schlofmöttel fir d'Patronne an de' eng Tâs gemâcht.
Nelly: An huet natirlech der ânerer de' Tâs gin?
Jacquel: We'? du wés et schon?
Nelly: Ech zweiwele mir et, well 't ass jo dach blo's durch seng Dommhét wo' d'Berta seng Wonner wirkt. Du sés mir jo dach elo secher dat d'Baronin eng verstuelen Elster war.
Jacquel: Du hues et gerôden. Während si geschlôf huet, hun se an hirer Handtâsch Bijouen fondt fir e pur 100 000 Fr. D'Polizei ass komm, mä 't war net me'glech d'Baronin ze erwächen. Ere'scht den ânere Murgén ass si am Grond erwächt.
Nelly: Wonnerbar! An d'Berta ass net decore'ert gin?
Jacquel: Nén. Nörmen seng Patronne wollt et fortsche'cken, durophin huet s'et du nach Ô Dég gehâlen.
Nelly: (ironesch) Nu gutt, Jacqueline, elo bleiwt mir soss neischt me'we' ze wönschen datts du geschwönn d'Wonnerkrâft vun denger Bonne, bei dir sèlwer konstateren kanns.
Jacquel: Fir wât net?
Nelly: Blo'ss, wann ech an denger Plätz wir, da ge'f ech net probe'eren fir dât Médchen ze önnerrichten.

Jacquel: Wât wölls du soen?

Nelly: Ech hun elo grad he'eren we's du him gesot hues, 't soll ganz komplize'ert Kicherezepter le'eren.

Jacquel: An dann?

Nelly: 't ass se'er onklug fir eng Mascotte, 't muss én s'ch hidden d'Intelligenz bei dénen ze erwächen, soss ass et aus mat hirer Wonnerkrâft.

Jacquel: Wât domm Riéden.

Nelly: Gur net eso' domm,awer denk nömmen net, Jacqueline, dat ech dir deng Illusio'nen huele wöllt. - Mä elo denken ech erem un deng Amerikanés. - Fir wât hues du dem Berta seng Wonnerkrâft an dém Fall net probe'ett?

Jacquel: Ech muss agestoen, ech hun net eso' weit geduecht....An d'Sach war jo och eso' secher.

Nelly: 't ass Schued! Wann de alt nömmen de Bre'f durch hat an den Alfa bringe gelôss häss.

Jacquel: Mä dât hun ech jo gemâcht!

Nelly: Da verstin ech awer neischt me'. Bass du secher dat et sech net un der Dir geïrrt huet?

Jacquel: Dât ass onne'glech, ech hât him d'Adresse ganz deitlech geschriwen: Mr. Flemming, Hôtel Alfa, Place de la gare.

Nelly: Ha, 't ass dach nach komplize'ert fir eng kleng Schiëbel we' seng.

Jacquel: (vum Zweifel erfâsst) Du mechs mech op émol zweiwelen.

Nelly: Du misst dir Secherhét werschâfen.

Jacquel: Du hues Recht. (riff) Berta! (Berta könt vu lenks)

6. Szén, Vireg, Berta.

Jacquel: (zum Berta) Kommt me' no!

Berta: Ech sin nach net ferdeg, Joffer.

Jacquel: Mat wât?

Berta: Mat menger Lektio'n. D'Choux à la crème kann ech, awer de Pâté d'orange au Canard fannen ech net am Kachbuch.

Jacquel: 't handelt sech elo net dodrôm. Lauschtert Berta, Dir erönnert iéch dat ech iéch e Mendeg e Bre'f gin hun, fir an den Hôtel Alfa ze droen?

Berta: (fänkt un durchernén ze gin) Jo, Joffer.

Jacquel: Huet dir de' Commissio'n gutt gemâcht? (Berta sét neischt) Dajé aentwert? (neischt) Dajé! (Als Äntwert fänkt d'Berta ganz hart un ze kreischen) Dajé, wat gét iéch un? Äntwert dach!

Berta: (kreischt nach) Ech hun en net gedroen!

Jacquel: We' ?

Berta: (ze't de Bre'f eraus) Hei ass en!

Jacquel: Oh, dât do ass ze stârk!

Nelly: Wât hât ech dir gesôt?

Jacquel: A wuerfir huet dir de Bre'f net gedroen?

Berta: (kreischt nach ömmer) Kre'en ech es elo, Joffer?

Jacquel: 't schengt mir we' wann dir dât verdengt hätt. Awer ech wöll wössen wurfir. Allez äntwert. Wurfir huet dir de' Commissio'n net gemâcht?

Berta: Well....well....well ech wosst dat et e Bre'f wir, fir datt d'Joffer an Amerik ge'ng.

Jacquel: An dann och nach? Dât gét iéch dach neischt un.

Berta: Dach...well d'Joffer hätt mech secher net matgeholl...an da wir ech o'ni Plâtz.

Jacquel: Par exempel. Dât do ass de Combel. Gesit dir dann net, dat dir meng ganz Carrière gebrach huet?

Berta: Ech hun u meng geduecht.

Jacquel: Also gutt, dir könnt iéch eng âner Plâtz sichen. 't ass es elo genug. Sicht èr Lompen zesummen a mâcht dat dir flott elei eraus kommt.

Berta: Scheckt d'Joffer mech fort?
Jacquel: Awer secher schecken ech iéich fort. An e we'neg dally! Ech gin iéich eng hallelf Stonn fir d'Blât ze botzen.
Berta: (gét an Kreisichen of) Ah, wat soll aus mir gin? (lenks of)

7. Szén, Jacquel, Nelly

(No dôser Szén kann d'Jacquel. sech net me' hâlen, fänkt un ze kreischen. Fällt op e Stull, de Kapp an d'Hänn gesteipt. Nelly könnt me' no fir et ze tre'schten.)
Jacquel: Oh, oh, oh!
Nelly: Allons, tre'scht dech, Jacqueline!
Jacquel: Oh, dât Médchen, dât Médchen!
Nelly: Denk net me' un et. Du hues et fortgesche'kt an 't ass ganz gutt.
Jacquel: Wann ech denken, dat et durch seng Schold ass, wo' ech de' sche'nsten Occasio'n a mengem Liéwe verpasst hun.
Nelly: Ech gléwe jo, dat de' Dommhét dech en allerhand bruecht huet, awer ech denken si huet dech och vum Aberglauben gehélt.
Jacquel: Du kanns es secher sin.
Nelly: Elo muss de einfach probe'eren de' amerikanesch Geschicht erem an d'Reih ze kre'en.
Jacquel: Dât ass onme'glech.
Nelly: Fir wât? D'Verbindung mat Amerika ass dach haut licht ze kre'en. Du brauchts da nömnen eng Ursach ze fannen, z.B. Krankhét, an da gét alles an d'Reih.
Jacquel: Du hues Recht. Ech mengen d'Gesellschaft huet eng Agence zo' Bre'ssel.
Nelly: Geseis de, neischt ass me' licht. Also verle'er keng Minutt, ech lôssen dech elo, Jacqueline. t' brennt mech dem Edoline dem Berta seng Dommhét ze verzielen.
Jacquel: Oh, déi kleng Pèscht.
Nelly: Mä so, elo denken ech drun. Hues du mei Porträt ferdeg, de' le'scht Woch hues de nach dru geschafft?
Jacquel: Dén als Baurefrâ?
Nelly: Jo, mat dem Bouquet Feldblumen.
Jacquel: Dén ass ferdeg, an eso' gur schon agerummt.
Nelly: 't ass alt gut, well 't wär eng Katastrophe gewiéscht, wanns du dei Phénomène nach häss missen hun als Modell.
Jacquel: Ech menge grad eso'. Wölls du d'Bild gesin. (gét et sichen, fündt et net) Tiens, dât ass gelungen. Wo' ass et nömnen hin? Göschter Murgen stong et nach hei.
Nelly: Soll d'Berta et vleicht verstellt hun?
Jacquel: Dât ge'f mech wonneren, well ech hât him verbueden eppes unze re'eren. (sicht an engem âneren Eck) Hm, hm, hm,
Nelly: Du misst et dach frcen, e'er et fort ass.
Jacquel: Du hues Recht! (riff) Berta! ('t könnt vu lenks)

8. Szén, Vireg, Berta

Jacquel: An? Wat macht dir dann nach ma'm Schirteg? Ech hât iéich dach gesôt dir sollt èr Lompen zesummen huelen.
Berta: Ech hu gewart.
Jacquel: Op wât?
Berta: Ech hu gewart dat d'Joffer soll hir Ansicht change'eren. 't ass d'e'schte Ke'er dat d'Joffer be's mat mir ass.
Jacquel: Wann et och net d'e'schte Ke'er ass, 't ass bestömmt de' le'schte Ke'er. Ech hu gur net d'Absicht op meng Décisio'n zreckze-kommen.
Berta: Gutt, da gin ech an 8 Dég!
Nelly: 't kennt d'Gebräicher:

- Berta: An ech gin net bis d'Joffer mir alles bezuelt huet, wat si mir schölleg ass.
- Jacquel: (embarasse'ert) - Jo...mir schwätzen nach dovun. Elo wollt ech nömmen wössen, op dir mei lèschten Tableau verstellt huet?
- Berta: Dé wo' ech drop sin mat engem Bouquet?
- Jacquel: Jo.
- Berta: Dén ass elo.
- Jacquel: Elo. Wo?
- Berta: An der Kichen! (Nelly lâcht)
- Jacquel: Dât ass de Combel. Wat mecht dén an der Kichen?
- Berta: Ech...ech wés net. E wart dat en soss enzwo'sch higestallt get.
- Jacquel: Formidabel! Ech verzichten op d'Verstoen. Gitt mir e gleich sichen, fleisst iéch! (Berta lenks of) (zum Nelly) Kanns de dât verstoen?
- Nelly: Ech wonnere mech iwer neischt me'. We' konns du et nömmen 3 Me'nt mat dém Numero dô aushâlen?
- Berta: (könt mat engem agepakten Tableau erem)
- Jacquel: A wât ass dât elo?
- Berta: Der Joffer hiren Tableau.
- Jacquel: Wât fir en Tableau?
- Berta: Dén d'Joffer mir gefrêt huet.
- Jacquel: Mä, we' könt et dann dat en agepâkt ass? (Berta sét neischt) Allez, äntwert! Huet dir en agepâkt? (Berta wenkt "jo") Jo, a wurfir huet dir en agepâkt? Wollt dir e mathuelen? ("nén" ma'm Kapp) Nén, wât wollt dir dann dermat mâchen? Schwätzt oder sit dir stömmchen?
- Nelly: Ech zidderen....
- Jacquel: Wât fir eng Dommhét hât dir do nés virberéd.
- Berta: Ech hu keng Dommhét virberéd.
- Jacquel: Wirklech?
- Berta: Ge'schter ass et geschitt.
- Jacquel: Wât ass geschter geschitt? (Berta sét neischt) Dajé, äntwert! Huet dir engem mein Tableau gewisen? ("jo" ma'm Kapp) (op d' Seit) Oh, Katastrophe! Ech si secher dat et namol eng ganz be-
deitend Gaff gemâcht huet.
- Nelly: Jacqueline, rég dech net op!
- Jacqueline röselt d'Berta: Dajé se'er erklärt iéch! Ech hu keng Zeit.
- Berta: Nu gutt!...ech hu gewosst dat d'Joffer net zefridde wir, wann si d'Geschicht vum Bre'f erfuhre ge'f....du hun ech geduecht, wann ech hir ge'f en Tableau verkâfen...
- Jacquel: 't ass onerhe'ert! - Virun. - Huet dir engem en ugebueden?
- Berta: Jo!
- Jacquel: Wiém?
- Berta: Engem Händler.
- Jacquel: Wat fir engem?
- Berta: Hu-hu-Hurtemeyer.
- Jacquel: (fällt op e Stuhl) Hurtemeyer! Grad him! Oh, par Exempel! Médchen sit dir da ganz verreckt?
- Berta: Ech hu gemént gutt ze mâchen.
- Jacquel: An? Wât huet hien iéch gesôt?
- Berta: Hien huet mech eng Stonn warde gelôss, e war zevill beschäf-
tegt. Hien hât d'ganz Geschäft voll Tableauen auszepâcken.
- Nelly: Dât wâren d'Toilen vum Pareillé.
- Jacquel: An du?
- Berta: An du, we' ech him gesôt ech hätt en Tableau vun der Joffer Bordier, du huet e gesôt....
- Jacquel: Wât huet e gesôt?
- Berta: En huet gesôt hié wöllt ké Knascht an sengem Haus!
- Jacquel: Oh, oh! Dât dô ass ère leschte Coup! (während en den Tableau
auspâckt) 't kann é wirklech soen dir ge'ft d'Katastrophan
aus dem Arm röselen. Hât dir den Tableau virun him ausgepâckt?

- Berta: Nón, we' hié mir dât gesôt huet, hun ech den Tableau geholl a si fort gelâf.
- Jacquel: Dir wirt am beschten eweg bliwen. (huet den Tableau iwerdém ausgepâckt, kuckt en, firt zesummen) Wât ass dât do? dât ass net vu mir!
- Nelly: (ke'nt me' no) Eng Landschaft! (weist d'Signature) Pareillé, 't ass eng Toile vum Pareillé.
- Jacquel: Onglecklecht Framönsch, wât hues de gemacht?
- Berta: Ah, ben! Ech wés net - ech muss mech geïrrt hun - wo' se agepâckt wâren.....
- Jacquel: (äusserst opgeregt) Eraus mat iéch! Fort, ech wir em Stand mech un iéch ze vergreifen. Médercher we' iéch sollt én nömme gebrauchen fir d'Drecksémeren eidel ze mâchen, an de Kamein ze botzen.

9. Szén, Vireg, Edoline

- Edoline: (kennt op émol durch d'Mött erangesprongen) Bravo Jacqueline!
- Jacquel: Edoline! (Berta profite'ert d'Geléenhét fir sech durch d'Bascht ze mâchen)
- Edoline: (sprengt dem Jacquel: un den Hals) O Jacqueline, ech éin eso' fro' fir dech!
- Jacquel: Fro'? Fir wât?
- Edoline: Ech komme vum Hurtemeyer.
- Jacquel: An dann?
- Nelly: Sôtz dech, du bass ganz ausser Otem!
- Edoline: Ech sin eso' gelâf. Ech wollt dach dât e'scht sin!
- Jacquel: Dât e'scht? A wie kônt dann nach?
- Edoline: Wart: Löss mech fir d'escht erzielen. Ech tröppelen durch d'Ausstellung, 't waren net zevill Leit do. Op émol gesin ech we' alles virun engem Tableau am Eck stoe bleiwt an discute'ert. Ech gi me' no, a wât gesin ech - dât errôt dir net?
- Nelly: Den Tableau ma'm Berta als Bauerefrâ!
- Edoline: We'? Du wés et schon Nelly? Du bass net ganz onschölleg bei der Sâch?
- Nelly: Eso' onschölleg "we' en neigebure Firkel" sét de Bauer.- Mä d'Sech ass vill me' komplize'ert we' eso'.
- Jacquel: Mir erzielen dir dât derno, Edoline.
- Edoline: Gutt, ech wés also net durch wât fir e Wonner dei Bild dohinne könt. Mä 't kent nach besser, den Hurtemeyer wollt mat aller Gewalt den Tableau erofhuelen. Mä 't huet alles sech gerge'nt gewiert a besonnesch e Friémen, 't schengt mir e Brasilianer ze sin, hién offere'ert eng ganz bedeutend Somme fir deng Molerei.
- Jacquel: Ass et wo'er?
- Edoline: Wart, dass nach net alles. Aner Amateuren bidde me', a wöllen all deng Arbechte gesin. D'Press ass natirlech och do, an höllt Notizen a Fotoen. Kurz gesôt, d'ganz Interesse vum engem ânere Mâler senger Ausstellung huet sech op dech iwerdroen.
- Jacquel: Dât ass wonnerbar!
- Edoline: Ech brauch dir d'Gesicht net ze beschreiwen, dât de Pareillé mecht. Hien ass deck rosen op den Hurtemeyer, e sét hié ge'f en usichen, well en dech op seng Käschten favorise'ert hätt. Bestômmt get et mar e gro'sse Rummel an der Presse.
- Nelly: Ewell bass de lance'ert, Jacqueline!
- Edoline: An zum Schluss annonce'eren ech dir de Besuch vum Hr. Guérin.
- Jacquel: Guérin, den Händler vu Bre'ssel?
- Edoline: Hié selwer. Hié war do während der Szén. Ganz interesse'ert un dengem Bild huet hié gesicht me' iwer dech ze erfuhren. Am Zo'-stand we' den Hurtemeyer war, huet don e fortgescheckt. Awer ech war jo zum Glick dô fir en ze renseigne'eren. - A siéf secher e wêrdt geschwönn hei sin.

- Jacquel : Oh, dat ass zevill sche'n.
 Edoline : Eso', ewell hun ech iech alles gesot; elo sot mir och emol we' den Tableau dohin komm ass.
 Nelly : Sich net ze verstoen, Edoline; t'ass e Stréch vum Berta.
 Edoline : Vum Berta? Dém onschellege Berta? Ge'h dach!
 Jacquel : T'ass awer eso'.
 Edoline : An du hues ömmer gesot t'wir onfäheg fir de' allergre'sst Initiative
 Jacquel : An ech behapten et nach. Mais seng Dommhéten hu muenchmol glectlech Folgen.
 Edoline : Ech verstin net.
 Nelly : Sich net ze verstoen. D'Berty ass eben eng Mascotte; e Porte-bonheur.

10.Szén, Vireg, Ribou, dann Berta

- Ribou : (kent duerch de Fong, eng Zeitung an der Hand)
 Ah, Joffer Bordier, entschellegt wann ech eso' erakommen o'ni ze klappen; awer ech sin eso' duerchenén, ech wéss net me' wat ech machen.
 Jacquel : Duerchernén, a firwat, Madame Ribou?
 Ribou : Sidd dir net au courant? Hut dir net an der Zeitung geliés, vun dénen 2 Avionen de' iwer dem Mir zesumme gesto'ss sin?
 Jacquel : Nén.
 Ribou : (get em d'Zeitung) De' arm Leit, t'ass fir engem d'Härz ze briéchen (Jacquél liést, de' âner zwé interesse'eren sech och)
 Jacquel : Katastrophe über dem Ozean. 2 Flugzeuge stiessen über de Ozean im Nebel zusammen. 120 Tote. - Oh, dat ass schrecklech
 Nelly : Ass d'Lösch vum dénen Do'degen net dran?
 Edoline : (dém d'Jacquél d'Zeitung gin huet) Dach, d' mészit sin Amerikaner: Jakson aus Chicago; Bormann aus Detroit; Flemming.....
 Jacquel : Flemming?
 Edoline : Jo!
 Jacquel : Wât fir é Beruff?
 Edoline : Wart, Georges Flemming, agent vun der Cálifornia-Film.
 Jacquel : (spret an d'Lücht) Bass de secher?
 Edoline : Jo.
 Ribou : Kennt dir en Joffer Bordier?
 Nelly : Ass et net den Agent mat déms de häss solle fortfle'en?
 Jacquel : T'ass hié selwer, et bestét kén Zweifel.
 Edoline : Mais dann Jacqueline; da kanns de awer der Vorsehung danken, datts de Affaire verpasst hues.
 Jacquel : D'accord, Edoline, an ech ka mein Dank ganz gudd ofstatten, well d'Vorsehung de' Ke'er én ânere Numm huet.
 Edoline : We'?
 Jacquel : Sie héscht Berta.
 Ribou : Net me'glech.
 Jacquel : (riff) Berta! (Berta könnst vu lenks; e Biésem an der Hand, d'Gesicht ganz schwarz vu Ro'ss. All dongen e Krésch)
 Wât assdi geschitt, mei Kand?
 Berta : Ech hun d'Kachmaschine gebotzt. D'Joffer huet jo gesôt, ech wier nömme gudd dofir
 Jacquel : Aremt Kand, an ech wollt dir eng Bés gin.
 Berta : (traut net) Dir macht de Geck
 Jacquel : Nén, mei klengt Berta; t'ass mir wirklech éscht.
 Berta : An dir geheit mech net virun d'Dir?
 Jacquel : Né, mei Kand; t'könnst net me' a Fro. Git iéech elo wäschen, an dongt ère sche'nste Rack un. Haut den Owend gi mir an d'Hotel iéssen.
 Berta : Nén, t'ass net wo'er?
 Jacquel : T'ass we' ech iéech soen.

Berta : (am Ofgoen) Ca alors. Ech hun wuel gewosst dass d'Artisten net sin we' di âner Leit, mais ech hätt awer net gemengt, dat sie eso' jausi wieren. (of no rechts)

11. Szén: vireg o'ni Berta

Ribou : Also, Joffer Bordier. Wann ech gudd verstinn, dann huet d'Berta iéch virun der Katastrophe gerett?

Jacquel : T'ass eso', Madame Ribou.

Nelly : An t'ass net alles. Dank dem Berta ass eist Jacqueline elo e gefeierten Peintre-artiste. Sie fänken un sech fir seng Tableauen ze zerreißen

Ribou : Ass dat me'glech? A wat huet et da gemach fir dat fèrdeg ze brengen, mei Berta?

Jacquel : Dommhéten!

Ribou : Ech war es secher. Ech hat iéch et jo gesôt.

Jacquel : T'ass wirklech wo'er (zo' Edoline an Nelly) An dir zwé, wöllt dir nach ömmer net zo'gin dass d'Berta e Porte-Bonheur ass?

Nelly : Op de' Tatsâchen elo hin, muss ech mech ergin.

Edoline : An ech och; wann ech och nach net alles wëss.

Nelly : Ech erzielen dir et och, Edoline.

Jacquel : (zu Ribou) Madame Ribou, ech muss iéch fir d'escht merci soen, dir hat mech net bedrogen. D'Berta ass wirklech eng Mascotte

Ribou : T'war fatal. Ech hun iéch et gesot: t'ass gebueren op e Freideg, den 13. als lescht vun 13 Kanner

Jacquel : Ech sin och fest entschloss et ze behalen

Ribou : Dir dongt gudd drun. Fèrt net, ech sin do, dat et iéch net entléft.

Edoline : Eng Mascotte. E Porte-Bonheur? Ass et me'glech dat et eso' eppes get?

Ribou : Dir gesidd jo Joffer, dat et eso' ass. - Oh, wat sin ech fro'. (d'Aen ge'nt Himmel) Mei Berta, en iwernatirlecht Wiësen..... a soen, dat ech eso' eppes op mengem Scho'ss geniert hun.

Vorhang

II. Akt

Selwechten Décors

I. Szén: Jacquel, Berta, Ribou

(Mir sin nach ömmer beim Jacquel, dat et gefeierten Peintre-artiste gin ass. D'Miwel sin ersât. E secrétaire fir d'Jacquel. Fotellen an e Salonsdösch. Telephone. D'Staffelei ass nach do, mais d'ass d'Berta dat ewell molt, an d'Jacquel stét Modell. Ribou betruecht dem Berta seng Arbecht, stét hannert him. Jacqueline dre't eng elegant Tenue de ville. D'Berta huet ké Schirteg un. Ribou huet eng ganz opfälleg Toilette, de' sie o'ni Eleganz dre't. D'Staffeli ass erem eso' gestalt dass de Publikum net drop geseit)

Ribou : (zum Jacquel) Ah nén, wibbelt net eso'.

Jacquel : Dir sidd droleg, ech si midd

Ribou : Dir musst net eso' vill Geschichten machen, t'ass d'eschte Ke'er wo' dir Modell stitt

Jacquel : Dauert et nach lang, Berta?

Berta : (dat elo me' keng ass we' am e'schten Akt) Nén, ech sin elo gleich fèrdeg.

Jacquel : T'ass och ké Schued. Wo' sidd dir elo?

Berta : Un den O'erläppercher.

Jacquel : Ma we' könnt dir se da gesin? Sie sinn dach önnert der Permanente verstoppt.

Berta : Ech roden se.

- Jacquel : Dat ka jo eppes gin.
- Ribou : (an extase virun dem Berta senger Arbecht) T'ass formidabel T'kann eso' guer Sâche môlen de' et net geseit. Ech hu jo ömmer gesôt: dat Mëdchen huet Talent (Telephon zum Jacquel dât antwere wöllt) Derange'ert iéch net, ech äntweren (hängt of) Allo...Jo...Jo...t'ass hei. We'? Mais secher jo, wuefir dann net?
- Jacquel : Wién ass et? (Ribou weist mam Kapp d'soll ro'eg sin)
- Ribou : Allo... ma natirlech... Sie frét net besser... We'? - Wann dir wöllt... Haut den Owend? Averstanen.... Dir bleiwt jo zum Nuechtiessen (Jacquell proteste'ert mam Kapp. Ribou mecht Zéchen d'soll ro'eg sin) Eso' ass et ... em 7 Auer. Mir hun e Kallefskapp.
- Jacquel : Wien ass et?
- Ribou : Ech wéss et net. T'ass é Mann dén d'Berta wöllt gesin.
- Jacquel : Dir kennt en net?
- Ribou : Nén.
- Jacquel : (skandalise'ert) An dir hut en zum Nuechtiessen agelueden?
- Ribou : Fir wat net? T'schengt, hién huet Mane'eren.
- Jacquel : T'ass e we'neg stark. Wât wöllt hién fum Berta?
- Ribou : T'soll eppes klengs fir hién machen. De Mann huet vill Misär . E Bauer aus dem Esleck. Seng Ko' ass krank a seng Fra seift we' é Lach. We' hién dun erfuer huet, dass d'Berta
- Jacquel : An ech muss d'Fraisen fun dér Consultatio'n droen.
- Ribou : An dann och nach? Dir hut jo och genug profite'ert vun senger Wonnerkraft. Dir musst net eso' egoist sin, meng le'f Joffer.
- Jacquel : D'geseit én. Dir wöllt nömme Profit aus dér Sach schloen. Dir lösst iech dach bezuelen.
- Ribou : D'könnt fir; - wât wöllt dir hun, fir neischt ass den Do'd. An dann, hun ech dat Klengt net gezillt? Hun ech net mei Posten als Concierge opgin fir iéch d'Berta ze hidden. Duefir musst dir mir mei klenge Bénefice net reproche'eren.
- Jacquel : Gudd, gudd, schwätze mir net dervun.(zum Berta) We' weit sidd dir ewell?
- Berta : Un de Fe'ss.
- Jacquel : Schon!
- Berta : Ech hun un den Aerem opgehalen, t'ass ze komplize'ert!
- Jacquel : Dat wèrt mir eppes gin!
- Ribou : (hammert dem Berta) Oh, t'get wonnerbar (Telephon) Dérange'ert iéch net (hängt aus) Allo d'Joffer Bordier? Jo Här t'ass hei... We'? ...Ah... Mais ech denken dach...
- Jacquel : Wien ass et?
- Ribou : (get Zéchen d'soll ro'eg sin) Gudd, den Owend? ... Wann dir wöllt. Ah jo, c'est ca....Dir iéssst dach mat eis zu Nuecht..
- Jacquel : (proteste'ert) Ma nén, wât denkt dir?
- Ribou : Pst (an den Telephon) Maisdach, mais dach, t'get Kallefskapp
- Jacquel : (ausser sech) Ah!!
- Ribou : Averstanen. Mir iéssen em 7 Auer. Au revoir Här (hängt an)
- Jacquel : (gét op se duer) Hut dir schon erem én zum Nuechtiessen agelueden? Mir hun dach ké Café-Restaurant hei.
- Ribou : Ech wéss wuel, mais d'muss én dach e we'neg Anstand hun, a wössen wat sech scheckt.
- Jacquel : Wién ass et?
- Ribou : T'ass eng Affaire fir iéch. En Händler aus der Belscht könnt fir Tableauen ze kafen.
- Jacquel : (rosen) Ah, dir wösst dach, dat ech all meng Tableauen dem Guerin verkafen.
- Ribou : Dat ass vleicht dé beschten Handel, dén dir gemacht hut.
- Jacquel : Dat si meng Sachen. An ech biéden iéch fir d'allerlescht, kömmert iéch nömnen em Sachen de' iéch eppes ugin.
- Ribou : (vexe'ert) Ah! Dir huet et eso'? T'ass gudd. Berta, mach dei Pâk (Berta stét op, re'ert sech awer net vun der Platz)

- Jacquel : Awer, Madame Ribou!
- Ribou : (hölt d'Berta bei der Hand) Komm mei Kand. Mir droen d'Gleck an en ânert Haus
- Jacquel : (wöllt arenken) Dajé, dajé, Mme Ribou, dir musst dat dach net eso' kromm huelen. Ech war e we'neg be'ss, awer...
- Ribou : (mat verkraschener Stömm) T'ass schwarzen Ondank - t'huet én iéch d'Liéwe gerett - t'huet én iéch d'Verme'ge bruecht.. dir setzt eis virun d'Dir.
- Jacquel : Mä nén. Ech setzen iéch net virun d'Dir: Allez; elo sötzt iéch sche' gemiddlech elo an d'Fotel, an da schwetze mir net me' dervun. (installe'ert d'Ribou an eng Fotell) Eso'. (zum Berta) An, mei klengt Berta, hut dir mir e sche'ne Portrait gemacht? (höllet d'Toile; dre't se eso', dat de Publikum se geseit, eng schrecklech Schmiererei. Jacquel ka sei Schreck net zreckhalen? Ah !
- Berta : Ass et net gudd?
- Jacquel : Gudd, dat héscht d'si gudd Sachen drun, awer...
- Ribou : (de' se'er getre'scht ass) Dir musst elo keng Klengechkéts-kre'mer sin. T'huet é schon ânere Tableauen gesin; wo' all Mönsh, dén sech respekthe'ert fortgelaf ass, an dach ass domat dat méschte Geld verdengt gin.
- Jacquel : Bestömmt. Awer...
- Ribou : (höllet den Tableau) Kuckt. D'Fe'ss sin önnen un de Bén, an d'Nues ass net o'm Mo. Ech hun Tableauen gesin, de' deier verkaft go'wen wo' dat alles irgendwo' ze fanne war. An d'Haptsach ass de hei: d'Berta wöllt molen an et därf én him nie widerspriéchen.
- Jacquel : Dat ass secher!
- Ribou : Erönnert iéch gudd un dat hei. Doduerch dat eng Dommhét gemacht huet, huet et iéch verhönnert mam Kapp an d'Mir ze falen - t'huet en ânere Blödsinn gemacht an dir sidd e gefeierten Artiste gin. Duefir, keng Geschichten. Bringt érem Händler dat Bild. Wann dir et och fir eng Missgeburt halt, ech si secher dat dir ert Verme'gen dermat mâcht. (t'schellt - d'Berta wöllt opmâche goen, Ribou hält et zreck) Wuer gés du?
- Berta : Ech gin opmâchen. T'huet geschellt.
- Ribou : Bleiw do.
- Jacquel : We'?
- Ribou : Wés du dann wién hannert der Dir ass?
- Jacquel : We' soll hat et wössen?
- Ribou : Duefir bleiw eweg. Ech hun den Opdrag dech ze bewâchen, Médchen, an ech verbidden dir irgend engem d'Dir opzemâchen. (t'schellt érem)
- Jacquel : Huet dir Angscht t'gef én eis huelen?
- Ribou : Awer secher. Eso' eng Pèrel. Do get et Neider (t'schellt)
- Jacquel : A während dér Zeit schellt et ömmer. T'ass bestömmt é Besuch fir mech. Duefir hätt ech gär wann é geng opmâche goen.
- Ribou : (gét an de Fong) Gudd, gudd, ech hu verstânen. Dir betruecht mech als Dengschtmôd, gelt! (zum Berta) Ge' du do eraus. (lenks) (sie mecht d'Dir am Fong op)

2. Szén, Jacquel, Ribou, Nelly

- Nelly : (kent eran) Bonjour Jacqueline
- Jacquel : Nelly!
- Nelly : Wat eng Chance dech emol ze fannen!
- Jacquel : Wirklech?
- Nelly : Wuefir hun ech dznn lo Minuten lang misse schellen fir opgemach ze kre'en?
- Jacquel : Mach der neischt draus, Nelly - e klinge Streit teschend dem Dengschtpersonal.

- Ribou : T'ass wirkleech we' ech geduecht hun, ech geng als Mod betruecht gin.
- Jacquel: Ma nén, ech hun dat net fir iéch gesot.
- Ribou : T'ass gudd, ech hu verstânen.
- Nelly : So, Jacqueline, wat dreiws de, t'geseit èen dech jo net me?
- Jacquel: Ech hun eso' vill arbecht. Meng Toile sin nach net richtig fêrdeg, da sin se scho verkaft.
- Nelly : Dat ass dach nach ké Grond fir Seienarbecht ze machen.
- Jacquel: Ech profite'eren de Glecksmoment, en dauert net e'weg. Iwerhâpt, wât dreiwt dech heihin?
- Nelly : Ech komme kucken obs du eng Stönnchen Zeit hues?
- Jacquel: Fir wat ze machen?
- Nelly : Fir e we'nèg ze babbelen. D'Edoline huet mech an den Hotel Cravatte bestalt, t'si Fröndinnen do.
- Jacquel: Da gin ech mat.
- Ribou : T'ass vleicht net ganz ubruecht.
- Jacquel: We'?
- Ribou : Den Horoskop a mengem Journal stét t'wir haut verbueden eraus ze goen ge'nt den Owend. Jo, eso' stét do schwarz op weiss.
- Nelly : Gitt zum Kuckuck mat èrem Aberglauben.
- Ribou : Nujé, macht wat dir wöllt, mä wann ech an èrer Platz wier...
- Jacquel: Mir verspriéchen iéch virun Nuecht erem hei ze sin, Mme Ribou
- Ribou : Ah, ech gin d'Berta froen, wat et duerzo' sét. (of no lenks)

3. Szén, Jacquel, Nelly

- Nelly : Du aremt Jacqueline, du stés jo eng Hell aus mat dér Fra do
- Jacquel: (während et sech fêrdeg mecht, Hutt, Händschen, Poche..) Schwetzt mer net dervun.
- Nelly : Ass se ömmer hei?
- Jacquel: Mä secher. Sie huet sech einfach hei impose'ert fir iwer d'Berta ze wachen.
- Nelly : Mä dann, da brauchs du net ze biéden: Herrgott, strof mech.
- Jacquel: Du kanns et soen. Ech kann dir verroden, t'gehe'ert e famo'se Charakter derzo' fir et ze erdroen.
- Nelly : Echzweifel net. Hues du dann eso' eng hémlech Loscht d'ganz Gesellschaft virun d'Dir ze setzen?
- Jacquel: Oh dach!
- Nelly : A firwat mechs du et dann net? (Jacquel sét neischt) Hues de Angscht du ge'fs deng Chance mat dem Berta virun d'Dir setzen?
- Jacquel: Ech kann net. Setz dech a meng Platz.
- Nelly : Allez, Jacqueline, du muss dach verstänneg sin. Du mechs dech jo mat der Zeit lächerlechmat denger Mascotte-Geschicht.
- Jacquel: Fir wat? Du wess besser we' irgenddén, dat et keng Séchen ass An ech fêrten mei Schicksal ze contere'eren, wann ech mech vum Berta trenne ge'f
- Nelly : A vun senger Nourice?..
- Jacquel: Si sinn onzertrennlech.
- Nelly : Du armt Mèdchen. Ech verzichten drop un d'Märchen ze gléwen.
- Jacquel: Du hues Onrecht. Ech gléwen drun.
- Nelly : Du fuebels.
- Jacquel: Vleicht, Nelly, awer du geseis, Verreckthét ass fir mech we' eng Verzauberong, well ech hun dir nach eppes am Vertauen ze soen. Ech sin om Punkt fir mech ze verloben.
- Nelly : Net me'glech.
- Jacquel: Gelt, do stauns de.
- Nelly : An du hues mir nach niemols dervun geschwât.
- Jacquel: Ech hat nach keng Geléenhét.
- Nelly : Kennen ech dann dé charmante Prenz? We' héscht en?
- Jacquel: Ech gléwen net datts du e kenns. Ech hun en op enger Soirée kenne gele'ert. En héscht Roger Lordel.

- Nelly : All meng Komplimenten. Ass en Artiste?
 Jacquél : Nén, sei Papp ass Banquier. Hé wunt zu Dikerech.
 Nelly : Gro'ssarteg. A we'ni d'Veerlobung?
 Jacquél : Oh geschwönn, well mir wöllen eis an drei Me'nt Zeit bestueden
 Nelly : Oh; dat gét se'er. Ech wönschen dir all me'glecht Gleck, mei le'ft Jacqueline.
 Jacquél : Merci, Nelly
 Nelly : Mais lauschter, eng kleng Fro. Ass dei Berta fir eppes an dér Sach?
 Jacquél : Bestömmt net, dach ech gléwen...
 Nelly : Wât gléws de?
 Jacquél : Dat dât Gleck eng logesch Suite ass vun dér wonnerbarer Chance de' ech hun seit d'Berta bei mir ass.
 Nelly : Also, du schreiw's him dat alles zo'?
 Jacquél : O'ni Zweifel.
 Nelly : A wanns de bestued bass, häls de't dann och bei dir?
 Jacquél : Wahrscheinlich! Wann et och nömmen aus Dankbarkét wier.
 Nelly : An d'Nourice?
 Jacquél : Oh fir de' ass d'Questio'n schon tranche'ert. De' fle't.
 Nelly : Dat ass och dat bescht wat dir mache könnt (geseit den Tableau vun Berta) Oh, wat ass dat do?
 Jacquél : Dat sin ech
 Nelly : Nén!
 Jacquél : Dach!
 Nelly : Net me'glech!
 Jacquél : T'ass dat lescht Experiment vun Berta.
 Nelly : Schauderhaft: du le'ss et also deng Farwe versuddelen?
 Jacquél : Ech därf mech senger Iwerspänthét net widersetzen.
 Nelly : Mä dat ass jo schrecklech. Wât wölls de mat dém Bild do machen?
 Jacquél : Ech gin dem Guerin et fir an d'Expositio'n. D'Mme Ribou mengt t'wire scho schlömmereer ausgestalt gin.
 Nelly : Sie huet jo net ganz onrecht. Mä ech gese'ch dech gär dem Guerin dat do ubidden.
 Ribou : (kennt eran) D'Berta ass d'accord, dir könnt goen. Mä bleiwt net ze lang, mi'f iéssse fre' (zum Nelly) E'sst d'Joffer mat eis?
 Nelly : Nén, nén, ech muss hém goen.
 Ribou : Fir wat? Dir musst iéch net gene'eren. T'get Kallefskapp.
 Nelly : Dir sidd zevill aimabel, awer.....
 Jacquél : Löss dir dach net lang fle'wen, Nelly, du bass jo net eleng. D'Mme Ribou huet gär Gesellschaft.
 Nelly : Nu gudd, ech accepte'eren.
 Jacquél : Du wärds gesin, t'ass bal e Banquet (of hannert dem Nelly) Also bis geschwönn, Mme Ribou.
 Ribou : Bleiwt net ze lang.
 Jacquél : T'ass versprach (ôf)
 Ribou : (mecht d'Dir erem op) A gitt net enner enger Léder erduerch, dat brengt Ongleck (gét lenks d'Dir opmachen) Komm heihin du.

4. Szén: Ribou; Berta (huet e Kicheschirteg un)

- Ribou : Wât hues de an der Kiche gemach?
 Berta : Ech hun de Kapp iwerwâcht.
 Ribou : Wiém sei Kapp?
 Berta : De Kallewskapp.
 Ribou : Firwât? Hues de Angscht, e le'f fort?
 Berta : (domm) Ech hun nogekuckt we' e gekacht huet.
 Ribou : Dé kacht schon eleng; sôtz dech elo hin, ech hun mat dir ze schwetzen.
 Berta : Gudd, Nounou.

- Ribou : Wéss de d'Neiegekét?
 Berta : Wât fir eng Neiegekét?
 Ribou : D'Patronne bestued sech.
 Berta : (indifferent) Ah!
 Ribou : Ass dat alles wâts du dir doraus mechs?
 Berta : Mä secher, T'handelt sech jo òm sie. A wién huet dir et gesôt?
 Ribou : T'huert ké mir et gesôt. Mir gi keng Vertraulichkéte gesôt. Awer wann én e feint O'er huet, an e wéss et zur richteger Zeit, op dér richteger Plâtz ze gebrauchen, dann erfiert en d'Sâchen. Mat ânere Wieder: ech hu gemâch wâts du hâss mâche sollen.
 Berta : Un der Dir lauschteren?
 Ribou : Awer secher. Dât ass de' e'scht Qualite't vun engem Dengschtmédchen. Kurz gesôt, de' Sâch frét mech guer net, well du bass de' Schölleg.
 Berta : Ech?
 Ribou : Awer secher. De' Affaire do ass alt erem eng Chance; de' denger Patronne widerfirt. A wié brengt hir all de' Chance, du oder ech?
 Berta : Ech wéss net..
 Ribou : An ech wéss et nach ze gudd, a wann ech dech geruff hun, fif dir dât ze verzielen, da fannen ech, du solls deng Glecksverdelung e we'neg aschränken.
 Berta : Wât fir eng Verdélong?
 Ribou : D' Glecksverdelung, zum Donner nach emol. Bis wo'hin wölls du nach eso' goen? T'ass ganz sche'n Gleckze bréngen, mais alles huet seng Grenzen. Wât get aus eis wann sie sech bestued? Du wéss et net an denks net drun. Nén - soll ech dir et soen? Sie geheien eis eraus.
 Berta : Mengs de?
 Ribou : Ech mengen net nômmen, echwéss et. Geseis de net, we' nôtzlich et ass un den Diren ze lauschteren. Ah, t'war ze sche'n. T'kann net daueren. De' drei Me'nt hu mir e sche'nt Liewen gefo'ert. Duerch dei Coup mam Amerikaner, a mat dém verwiésselten Tablo war deng Reklam gemach. Du wars eng Madcotte, e formidable Porte-bonheur. Mat engem Schlag huet d'ganz Land vun dir geschwât. Du bass wirklech en iwarnatirlecht Wiésen gin.
 Berta : T'ass guer net fir ze lâchen.
 Ribou : Fir wât?
 Berta : T'mecht mir guer ké Spâss fir als Phénomène ze gelten.
 Ribou : T'handelt sech net em en Amusement. T'handelt sech drem fir eis zwé e we'neg (geste vum Geldzielen) DrÛt ze verschâfen. Hues de verstânen.
 Berta : Jo; Nounou.
 Ribou : Nômmen, seit drei Me'nt hun ech den Eindrock, we' wanns de dech ge'fs goe lôssen, we' wanns de ge'fs schlôfen. T'ass Zeit dass du erwachs, Médchen.
 Berta : Wât soll ech da mâchen?
 Ribou : Blödsinn, soen ech dir. Dommhéten, t'ass jo deng Fassong fir dech auszezéchnen.
 Berta : Ech mâchen der jo!
 Ribou : Net genug!
 Berta : De' sin net licht ze fannen.
 Ribou : T'ass dach net komplize'ert. Du brauchts dach nômmen alles verke'ert ze machen we's du et gewinnt bass.
 Berta : Ech mâchen et dach och?
 Ribou : Ech kann net vill gesinn. Wât hues du dann an dénen leschten 8 Dég da geliwert?
 Berta : Mein Tableau.
 Ribou : Jo, d'accord. Awer ech hun net vill Vertrauen an dat abscheilicht Geklexs. An ech wir verwonnert, wann dat eppes ge'f abrengen. Wât nach?

- Berta : D'Salôt.
 Ribou : D'Salôt, wât fir Salôt?
 Berta : De' ech mat Ricinusueleg zo'berét hât?
 Ribou : T'ass wo'er. Ech hât se vergiëss. Mâ domat brauchts du dech wirklech net ze rünnen. Wât huet dât abruecht? D'Leit waren all krank; ech de' e'scht. Ech hun d'ganz Nuecht kén An zo'gemach....dât ass alles. An?
 Berta : Ech hu soss neischt fond.
 Ribou : Ah eso'? Ent soen ech dir Médchen, du strengs dei Gehir net genug un. An du fänks un mech ze beonro'hegen. Wât get aus eis zwé wanns du neischt me' fèrdeg brings? D'Leit fänken schon un dech auszelachen, a geschwönn kriss du e ganz âneren Numm. Wés du we's du dann genannt ges?
 Berta : Nén.
 Ribou : Dann héschs de Porte-malheur! (Berta lâcht ganz domm)
 Ah, du kanns lâchen. Awer ech fänken un net me' ro'eg ze sin. Ech hât alles gemach an der Geschicht. Ech hat eso' guer e we'neg iwerdriven we' ech gesôt hun du wiers op e Freideg den 13; gebueren. Ass et wo'er dass du op dén Dag gebueren bass?
 Berta : Datt ech den 13. gebuere sinn, stömmt. Op et awer e Freideg war, dat wéss ech net. Do sin ech net ganz secher.
 Ribou : Ech och net. An ech mengen t'wir besser net ze gené nozesichen. Mâ elo mierk dir, deng e'scht Aufgab ass, ze machen dat mir net op d'Strôss geheit gin. An duefir muss dat Bestiédnis onbedengt verhönnt gin.
 Berta : Ech kann net.
 Ribou : Secher kanns du. Du kanns et eso' guer ganz gudd. Du hues eng gro'ss Gewalt iwer deng Patronne. De' muss de elo gebrauchen. T'get nömnen é Mettel, du musshir arieden dat dé Mariage fir sie eng Quell vu Catastrophe wier. Hues de verstânen?
 Berta : Dat ass net eso' einfach.
 Ribou : Iwerlé dir d'Sâch, an dér Zeit gin ech nôm Courrier kucken (aus duerch d'Mött)

5. Szén, berta eleng, dann Kremer

- Berta : Iwerlé, iwerlé. Sie ass guddgerôden.- Ah, ech hun es genug vun dém Liewen (énerve'ert) E'schtens, firwât halen se mech fir e Porte-bonheur? Sin ech net gemach we' de âner? (kuckt sech n engem Spigel) Ech sin vleicht net sche'n, awer ass dât e Grund? Wann all de' Ellen Mascotte wieren, wât wier dann e Gleck; eng Chance op der Welt!!! Awer einstweilen hun ech genug, a wier gâr enzwo'sch ânescht. Nömnen wo'? - Ah, ech hun eng Iddi - eng âner Plâtz? Mâ dat sét mir net vill. Ech hat ewell schon eso' vill Plâtzen. Iwerall hun se mech virun d'Dir geheit... an d'huet guer net lang gedauert.. also, hun ech besser, ech bleiwen.... Nömnen an dém Fall huet d'Nounou Recht. Wann d'Patronne sechbestued; dann ass et net me' d'selwecht. Sie behält eis dann bestömmt net allenzwé. An dann?... Dé Mariage do muss verhennert gin. - Jo.... awer we'? Ech hu keng Iddi... (t'schellt) Ah, sche'n! Besuch! (mecht op)
 Kremer : Bonjour, Joffer. Ech kommen we'gend der Mascotte.
 Berta : (wöllt hir d'Dir op der Wues zo'machen) Sie ass net hei.
 Kremer : (stellt de Fo'ss teschend d'Dir a könnt eso' eran) Mâ dach, ech wéss dass sie hei ass, sid dir et net?
 Berta : Nén, sie ass eraus.
 Kremer : Allez, le't dach net. Ech hun donidden eng Perso'n bege'nt de' sét sie wier èr Nourice, de' huet mir verrôden, dir wiert eleng hei am Zömmmer.
 Berta : Ah dann, wann d'Nounou sech dra mescht.

- Kremer : Dir sidd et also?
- Berta : Jo, awer ech hun es genug, Mascotte oder Porte-Bonheur genannt ze gin.
- Kremer : Ech verstinn dat. Dir braucht iéech ovh keng Suergen ze machen ech hun net d'Absicht, èr diesbezüglech Dengschter an Anspruch ze huelen, mä eng ganz âner Affaire: wöllt dir am Film schaffen?
- Berta : Ech?
- Kremer : Jo dir.
- Berta : Dir wöllt mech och zum Beschten hâlen!
- Kremer : Ma nén, ech sin d'Joffer Kremer vu Bre'ssel, vu Beruff sin ech Scénariste.....
- Berta : Wât sôt dir?
- Kremer : Scénariste, d.h. Ech schriewen d'Dialoguen vu Filmen.
- Berta : Wât soll dat mir ausmachen?
- Kremer : Wart, ech erklären iéech (hölt sech e Stull) Ech därf mech dach setzen?
- Berta : T'ass mir egal; ech sinn net Patronne...
- Kremer : Ei, wat sidd dir amusant. Just, we' echiéech brauch a mengem neie Film.
- Berta : Mâcht de Geck mat èren âle Schon, wanneg gelifft!
- Kremer : Lauschtert, d'Iddi ass mir kumm fir e Scénario ze schreiwen iwer èr Wonnergewalt, eso' we' se an de Zeitongen beschriwe gin ass.
- Berta : Lösst mech mat Ro'h.
- Kremer : Net eso' hôtzeg; Wât ech iéech hei propose'eren, sechert éch e sche'nt Akommen fir èrt ganzt Liéwen.
- Berta : An d'Nounou?
- Kremer : D'Nounou?
- Berta : Majo, d'Nounou de' huet fond dat ech e Porte-Bonheur wier.
- Kremer : T'dét mir léd, Joffer, mä de' Person ass net a mengèr Geschicht virgesin.
- Berta : Da kann et net goen.
- Kremer : Firwât? D'kann am Ge'gendél ganz gudd goen. Ech hu ganz a : guer net d'Intention ère "curriculum vitae" am Détail ze gebrauchen.
- Berta : Wât sôt dir?
- Kremer : Ech wöll sôen all kleng Begebenhéten aus èrem Liéwen.
- Berta : An dat héscht eso'?
- Kremer : T'ass e lateinischen Ausdrock.
- Berta : Eso' we' en op de Medikamenter stét?
- Kremer : Maja, ech hun also gesot ech ge'f e sche'ne Film wölle schreiwen. An do hätt ech gär wann dir d'Hâptroll iwerhuele ge'ft.
- Berta : A wât brengt dzt mir an?
- Kremer : E sche'ne Cachet.
- Berta : Wât fir e Cachet? - E cachet "curriculum", we' dir elo grad gesôt hut?
- Kremer : Ma nén, e cachet vun engem Artiste
- Berta : Ech fänken un es genug ze kre'en mat ère Geschichten. Ech wöll e we'neg Ro' a mengem Liéwen hun we' all Mönch.
- Kremer : Mä...
- Berta : Mä...sicht iéech dach en ânert fir Hampelmann ze spillen an èrem Film.
- Kremer : Gudd, gudd, ech insiste'eren net, mä awer...
- Berta : (hâlt sech d'O'eren zo') Ech wöll neischt me' he'eren.
- Kremer : Da gin ech alt, mä ech verle'eren d'Hoffnung awer net, dat dir iéech ânescht iwerlét (get him eng Kârt) Hei ass meng Adresse, dir braucht mir nômmen, e Coup de Téléphone ze gin (Berta stöcht d'Kart an d'Täsch o'ni ze liésen) Au revoir
- Ribou : (duerch de Fong, just an dém Moment wo' d'Kremer wöllt fortgoen - huet e Bre'f an der Hand) Ass d'Konsultatio'n fêrdeg?
- Kremer : Leider jo!

- Ribou : Ass et net guddgangen?
 Krémer : Nén, ère Porte-bonheur ass me' deckkappeg we' dir gemengt hat.
 Ribou : T'huet alt seng Stauten.
 Kremer : Da sin ech eben schlecht gefall.
 Ribou : O'ni Zweifel. Mé wuefir bleiwt dir net zum Nuechtiessen? Beim Dessert könnt sech alles arrange'eren..
 Kremer : Dét mir léd, awer meng Zeit erlâbt et net.
 Ribou : Schued, mir hu grad Kâ lefskapp...
 Kremer : Leider, mä ech gin d'Hoffnung net op, mir gesin eis erem. Au revoir

6.Szén, Ribou, Berta

- Ribou : (zum Berta) De' war be's. Wât hues du mat hir gemacht?
 Berta : Sie wollt hun ech soll de Clown spillen an ech hun net an hir sche'n Wiederer gelaut.
 Ribou : Net me'glech! - Du hass vleicht Onrecht
 Berta : Sie solle mech mat Ro'h lössen.
 Ribou : Gudd, gudd, mir schwätzen nach dervun. Ge' elo an d'Kichen. Ech verstin mech besser drop, d'Gäscht ze empfancken (Berta ôf no lenks)

7.Szén, Ribou eleng

- Ribou : (sie bekuckt dé Bre'f dén sie an der Hand huet) Dat ass e Bre'f dén mir ze bedenke get. Bestömmt ass en vun Freier. E könnt vun Dickerech. T'ass net me'glech. - neischt ze mâchen - An ech ge'f dach eso' gâr wössen - vleicht get d'Bestiédnis duerch dese Bre'f decide'ert? An dat wâr net gudd fir mech a fir d'Berta. Mâchen ech en op oder mâchen ech en net op? - wann ech en opmachen da sinn ech fixe'ert blo'ss, eso' eppes mecht én net.... Mä ech kann e jo erem zo' mâchen....Löss mer mol probe'eren...(mecht en op mat engem Bleisteft) Ech muss oppassen, dat ech en net zerreißen...Eso', t'ass geschitt (liést) Le'wt Jacqueline... Kén Zweifel, t'ass vun him - En onglecklechen Zo'stand zwennt mech, mat mengem Papp op Nice ze fueren, an dât elo gleich. T'ass me'glech dat ech dohannen net vill Zeit hun fir dir ze schreiwén, mä sief iwerzégt, dat eso' bal we' mir erem sin, ech alles an d'Wir seten fir eise Plang eso' bal we' me'glech ze realise'eren. - Hé, hé, hé, ech mengen, meng le'f Ribou, du hues gudd dru gedoen dé Bre'f opzemachen (liést nach eng Ke'er) En onglecklechen Zo'stand zwennt mech mat mengem Papp op Nice ze fueren, an dât elo gleich..... Wât stecht hannert dér Gechicht do? Ech hun dach elo grad gudd he'eren....De Papp ass Banquier. An? Wât héscht dat wann e Banquier eso' se'er vun der Bildfläch verschwöndt?.. T'ass e Banquier, dén louche Affairen gemacht huet, an sech firun der Polizei verstoppt - t'ass eso' - t'ka jo net ânescht sin - echbrauch guer net weider ze sichen. - Wuefir hun ech mir blo'ss Gedanke gemacht? T'sprengt jo an d'An - Ech brauch also de Bre'f nônnen erem zo'zepechen, an der Sâch hire Lâf ze lössen (mecht de Bre'f erem dran a pecht en zo') Ni vu - ni connu - A wann ech mehdach ge'f iren? Wann et sech nônnen em eng Geschäftarés op Nice handle ge'f? Dat wâr dach schliesslech grad eso' gudd me'glech. Sapristi, muss én awer un alles denken (bedenkt sech e we'neg) Tant pis, elo gin de' gro'ss Mettele gebraucht (hölt e Steck Pabeier a schreiwét) Joffer, dé jonge Mann, dén dir iéch gesicht hât fir d'Liewen ass de Sohn vun engem Schwindler. Hién ass elo mat sengem Papp an d'Ausland geflücht fir der Polizei ze entgoen. Ech wöll iech dat nômme matdelen. Eng Friendin, de' et gudd mat iech mengt. - Eso' dat wier gemacht.

T'ass wuel net ganz propper, wât ech do machen, mä ech hun keng âner Wiél. An derno? Oh, t'ass dach ganz bestëmmt so'. Wann ech him dat schreiwen, da verhidden ech him d'illusio'-nen (schreiw t'Adresse) Melle Jacqueline Bordier. - Well et meng Schref t' net kennt, risqué'eren ech net vill (lét de Bre'f op den Dösch, zerrest dén âneren a mecht d'Stecker verschwannen - t'schellt) Elo war et Zeit. (mecht op)

3. Szén, Ribou, Augustine

- August : (kent eren, eng Baurefrâ, huet eng Valise, e Prabli an en Hond un der Lengt) Ah, da bass de jo!
- Ribou : Augustine!?
- August : Jo, d'Augustine, dem Berta seng Tata. Du hâss mech wuel net erwârt, hen?
- Ribou : Wât könnns de mâchen?
- August : Wât ech mache kommen? Du hues den Toupi mir dat ze froen? Du? Dat ass de Combel.
- Ribou : Mä...
- August : Fe'er mein Telli hei an d'Kichen. Mir zwé explize'eren eis duerno.
- Ribou : Ech brauch dei knaschtege Mupp net.
- August : An ech soen, fe'er en an d'Kichen.
- Ribou : Gutt, gutt, mä jeitz net eso'...! (fe'ert den Hond an d'Kichen, kennt gleich eren) Also, wât get Neis?
- August : Ech komme meng Platz anhuelen.
- Ribou : Deng Plâtz?
- August : Mä secher, meng Plâtz beim Berta. Ech sin seng Tata, de' énzeg Familgen de' et nach huet, an ech kenne meng Pflicht.
- Ribou : Deng Pflicht (lâcht) Ei, de' do hues de gudd gesôt. D'Me kennt hir Pflicht ge'nt hir Niece, de' sie Jore lang net kannt huet.
- August : Dat gét dech neischt un.
- Ribou : A wann ech mech net em et gekömmert hätt?
- August : Hâl nômme op, ech sin an rourant! Wât get net alles an Land vun dir verzielt. Do sin se net me' domm we' hei an der Stâdt.
- Ribou : Ech wéss net, wâts de wölls soen.
- August : Wirklech. Da wârt, ech erklären dir. Bei eis an Duerf do war eng Fra, de' all Mensch geschued huet, an de' all Geschäftsmann Geld schölleg war. Kenns du se'?
- Ribou : Dât si Séchen.
- August : Séchen, soll ech dir de Prabli op d'Calbace schloen, fir dir d'Gediéchnis opzefröschchen? Also, de' Frâ huet sech du als Concierge an der Stâdt etabliert an huet sech erlâbt sech em meng Niece ze kömmere...
- Ribou : Ech hun e Recht op d'Bertá, ech war deng seng Nourice.
- August : Vergöft hues du et. An dun, du hues du op emol fond hat wir e Porte-Bonheur.
- Ribou : Dat ass d'puer Wo'recht.
- August : T'ass eng Wo'recht do dran, dat ass dass du dei Benefice do aus der Geschicht ze's. An dat ass net an der Rei. Ech sin seng Tata. An de Benefice stét mir zo'.
- Ribou : An? Wölls du et vleicht mathuelen?
- August : Nén, ech wöll mech an deng Plâtz heihin etabliere. Well d'Berta jo eng Patronne huet, de' reich ass, an de' sech net vun him wöllt trennen we'nt dem Porte-Bonheur, duefir sin ech et, de' bei him bleiwt.
- Ribou : Dat wölle mir emol gesin.
- August : T'ass alles gesinn; allé weis mir deng Kummer.
- Ribou : Nén, kuck dats de dohin könnns wo's de hierkönnns. Eso' en âlt verreckt Hong brauche mir net hei.

- August : Ech en âlt verreckt Hong?
 Ribou : Wié soss?
 August : Dann hei (schle't et mam Prabli op de Kopp - Ribou äntwert mat engem Schlag ge'nt dem Augustine sein Hutt, dat en an den Eck walst. Sie huelen sech mat de Büschten. Iwerdém könnt d'Berta eran)
 Berta : Tata, Tata; de' sech mat der Nounou kämmt (lâcht) Gro'ss-arteg
 Ribou : Komm mir höllefen, Berta..
 August : Berta, höllef mir....
 Berta : (net decide'ert) Wât soll ech machen? Soll ech d'Police ruffen? Oder soll ech se sech richtig zerklappe lôssen? Ech mengen t'ass besser, ech lôssen se sech zerrappen a gin menger Wé (no lenks of; de Kampf gét virun, Döscher a Still fâlen om)
 August : Wârt, du Hex...
 Ribou : Du âlen Af (jacquel könnt duerch de Fong)

9. Szén, Jacquél, Ribou, Augustine

- Jacquél: Mei Gott, wat ass dann hei loss? (sicht se ausernéen ze kre'en) Halt op, halt op! Wôllt dir ophalen. Wât sin dat do fir Mane'eren? (zum Augustine) Iwerhâpt, wé sidd dir, Madame?
 August : Ech sin dem Berta seng Tata, seng énzeg Familgen; ech si komm fir dér Hex do mol eng Lektion ze gin, de' sech erlabt, meng Niece auszenotzen.
 Ribou : Lauschttert net op se; gléwt er neischt.
 August : Ech erlaben net me' dat de' Person sech em dat Kand bekôm-
 Ribou : Ass dat fir mech?
 August : jo, dat ass fir dech (sie wôllen sech erem zerstreiden, d'Jacquél spreng tertôschend)
 Jacquél: Ah nén; t'ass genug. Wann der iéch wôllt zerschloen, da git we'negstens aus, a respekte'ert mei Miwel.
 Ribou : Dat bezuels de mer, meng Al!
 Jacquél: Setzt de Miwel erem op d'Platz, w.e.g. (Ribou an Augustine setzen erem alles op Platz, kucken awer ellen, Jacquél gét bei sein Secrétaire a fônd de Bre'f) Wât ass dat hei, Madame Ribou?
 Ribou : T'ass e Bre'f dé fir iéch bruecht gin ass.
 Jacquél: Wien huet e bruecht?
 Ribou : E...e Bo'f.
 Jacquél: Vu wiém?
 Ribou : Ech wéss et net. Hién huet en ofgin an ass gleich erem fort gang.
 Jacquél: Vu wiém kann e sin? (mecht en op) Ech kennen de' Schreft neten anonyme Bre'f? Par exempél? Nén, nén, dat ass net me'glech.
 Ribou : (zum Augustine) Allez, mach dech fort, du geseis dach dass de hei schull bass.
 August : Lôss mech mat Ro'. Ech well mech elo mol mam Berta explize-eren (of no lenks)
 Jacquél: (wéss net wât et soll machen) T'ass net me'glech (plôtzlech hâlt et den Telefon) Hallo....get mer Dikerech 34 44.... Allo; ass Dikerech 34 44 da?...Allo, ech wôllt mat dem Roger schwetzen..... We'? We', hién ass ge'scht owend fort gefuer? Wât sot dir? Op Nice?...Hién huet neischt fir mech heaner-lôss? fir d'Jacqueline Bordier....Nén? Guut, merci.... (hängt an, le'sst sech op e Stull fâlen)
 Ribou : Mâ wat ass dann? Eng schle cht Neuvel?
 Jacquél: Nén, ech kann et net gléwen: Mei Freier kann ké schle chte Mensch sin.

- Ribou : (ass me' nogang) Ere Freier, dat wosst ech jo mol guer net, dat dir e Freier hätt. (höllt de Bre'f) Ech därf dach liésen (Jacqueline wenkt jo mam Kapp) Ass eso' eppes nach dran? E Bre'f o'ni Oennerschreft. An dir gléwt de' Geschicht elo?
- Jacquel : Ech muss se jo gléwen, well sie ass mir jo bestätigt gin um Telephon.
- Ribou : An ech sôen nén. Dir därf net ze verzweifelen. T'kann iéch dach kén Ongleck passe'eren so'lang we' d'Berta do ass.
- August : (kennt eran mat engem Steck Pabeier an der Hand) De' Zara, ewell ass et duerch d'Bascht.
- Jacquel : Wat sôt dir?
- August : D'Berta ass fort. Liést!
- Jacquel : (liést) Ech hun es genug. Ech gi bei de Film;- Berta. Sidd dir secher dat et fort ass?
- August : Et bestét kén Zweifel. Ass eng 2.Ausgangsdir do?
- Jacquel : Secher, de' henescht Dir.
- August : Dann ass et och duerch de' Dir fort.
- Ribou : Ei, ei, dat ass en Ongleck. Gesidd dir Joffer Bordier. Elo ass et kaum fort, ass d'Ongleck schon am Haus.
- Jacquel : Dir hut Recht. Duefir héscht et awer elo him se'er nolafen. Se'er, se'er (Ribou no lenks of - zum Augustine) An dir och. Bleiwt dach net elo stoen. (of)

10.Szén, Jacquel, Nelly

- Nelly : (kennt duerch d'Mött) Wât ass lass? Ech hun elo grad gesin, we' deng Bonne mam Taxi fortgefuer ass.
- Jacquel : Am Taxi? Dann ass alles verluer.
- Nelly : Wât ass verluer?
- Jacquel : Hei liés (get him de Bre'f)
- Nelly : En anonyme Bre'f. Du muss dém keng Wichtigkét beimessen. (liést seér) Dé jonge Mann dén dir iéch gesicht hat fir d'Liewen ass de Sohn vun engem Schwindler. Hién ass elo mat sengem Papp an d'Ausland geflücht fir der Polizei ze entgoen. Dat ass jo alles Verreckthét. Du muss dach neischt eso' gléwen.
- Jacquel : Dat séss du. D'Haptsach ass mir telphonisch bestätigt gin.
- Nelly : Hues du telephone' ert? Wuer?
- Jacquel : Bei hién hém, op Dickeréch.
- Nelly : Du ârmt Jacqueline!
- Jacquel : Oh; ech sinn eso' onglecklech, Nelly.
- Nelly : Tre'scht dech, Jacqueline. Wann et wirklech wo'er ass, dann hues du neischt ze bereien. Besser du wéss et elo, we' wann et ze spe't ass.
- Jacquel : Et ass jo wuel wo'er. Mâ de Coup ass dach hârt.
- Nelly : Dat gestin ech an. Awer ech hoffen, dass du elo endlech vun dengem Awerglawen gehélt bass, we'gend dengem Porte=bonheur.
- Jacquel : Firwât? Mâ nén, ganz am Gegendél. Et ass me' kloer we' jé.
- Nelly : We' dann?
- Jacquel : Dat Ongleck passe'ert just an dém Moment, wo' d'Berta mech verlôss huet.
- Nelly : En einfachen Zo'fall.
- Jacquel : Guer net. T'dârf én sech dach d'Aen net zo'hâlen. An ech sin hqut me' we' jé iwerzég; datt d'Gleck blos erem mat dem Berta a mein Haus könnt.
- Nelly : Bass du da ganz niewend dem Kapp?

- Ribou : (könnt vu lenks; gefollegt vum Augustine) Mir hun se net fond.
- August : Esc' eng Gäns. Do war et och der Me' wert, de' Rés heihin ze machen (zur Ribou) Dät bezuels de mir, meng le'f.
- Jacquel : Ro'eg, ewell, t'ass elo keng Zeit fir sech ze streiden.
- Nelly : Wién ass di Person?
- August : Ech sin d'Tata vum Berta, seng énzeg Famill, a si komm fir mech em hat ze bekömmere.
- Ribou : Da lâf em no, wanns de et fönns.
- Jacquel : Mä secher; dir musst em nolâfen, allen 2. Dir musst mir et erembrenge; git op d'Gare, op d'Commissariat, git wo'hin dir wöllt. Mä ech muss d'Berta erm hun, verstânen?
- Ribou : Gleich!
- Jacquel : Direkt!
- Ribou : An d'Wuechtiessen?
- Jacquel : T'ass elo keng Riéd vum Wuechtiessen.
- Ribou : Mä ech hât dach Leit invite'ert...
- Jacquel : Ech blôsen iéich op d'Invitatio'nen.
- Ribou : Ah gudd? - t'ass och alt besser so'. Well, den Hond; den Telli huet de Kallefskapp verdillegt

Vorhang

III. Akt

E Mo'nt me' spe't. De selwechten Décors

I. Szén, Ribou, Augustine

(Wann de Rido opgét, setzen sie bei enger Tâss Kaffi an discute'eren ganz gemiddlech)

- Ribou : A Knuppen Te'd, wât ass aus dém gin?
- August : Hién huet sech d'lescht Joer mat dem Bannpe'ter sengem Médchen bestued.
- Ribou : Mam Germaine?
- August : Maja? oder mungs de t'wâr ze sche'n duefir gewiéscht mat senge kromme Bén? - An t'schafft ganz gudd.
- Ribou : A Schlass Béb? Ass et nach ömmer dohém am Eck?
- August : Oho, t'ass znter ó Me'nt hei an der Stâdt.
- Ribou : A wât mecht et? Schafft et?
- August : T'get gesôt et wier an engem Café als Serveuse. Mä t'schengt dat Huemes Neck nach ömmer en Aen op et huet.
- Ribou : Wöllt dén et bestueden?
- August : T'get emol eso' geschwât, an de Bre'fdre'er brengt all Woch e Bre'f, an ech hu gemierkt, t'ass ömmer de'selwecht Enveloppe aus bloem Papeier.
- Ribou : Ahâ, dat si jo allerhand Nouvellen. Awer drenk dach hei dei Kaffi.
- August : Hues de Zocker dra gemacht?
- Ribou : Nén, huel es so' vill we's de wölls (Augustine höllt d'Zockerzâng an de' eng Hand, mat dér ênerer höllt et den Zocker) Huel dach d'Zang, sie ass jo duefir do. Huel dach Mane'eren un. (weist em et) Hei kuck, t'ass dach licht. We'vill Stecker?
- August : 5 sin der genug.
- Ribou : T'mecht dach Pläse'er erm Neiegekéten vun dohém ze he'eren.
- August : Awer secher, we' lang wars de ewell net me' dohém?
- Ribou : T'sin ewell bestömmat 10 Joer hier. Ech hun neischt me' dat mech dohin zitt.
- August : Oh sie schwetzen alt nach vun dir.
- Ribou : T'kann sinn we' et wöllt. Ech hat jo allerhand Relatio'nen.
- August : Op alle Fall wêrt ech neischt Schlechtes vun dir verzielen

- Ribou : Dat ass sche'n vun dir, Augustine. Ah wann ech nach drun denken we' mir eis dén e'schten Dag gesin an den Toupi zersäuselt hun. - Mir waren dach domm.
- August : Du hues recht - an dat alles we'nt dém domme Médchen.
- Ribou : (fir sech löschtég ze machen) - de Porte-bonheur.
- August : Grad eso', t'huet e Gesicht we' eng Mascotte.
- Ribou : (hólt eng Schnappsfleisch öm Dösch) Wa mir eng kbeng Dröppchen drenke ge'fen op eis Gesondhét?
- August : Oh, ech ge'f se net an d'Schong schödden.
- Ribou : (schött dem Augustine an d'Tâss, iwerdém) Net we' wa mir wöllten dat et soll gleich erem kommen, mä t'wir eis dach alt nötzlech.
- August : (hiewt den Hals vun der Fläsch) Lues, lues..
- Ribou : We', färts du?
- August : Wät ass et?
- Ribou : Echte Quetsch, 55 %. Dat drenkt sech we' Möllech.
- August : T'Tass brauch awer net iwer ze lâfen.
- Ribou : Mâch dir neischt draus. Du brauchst et jo net ze bezuelen (kleng Paus, sie drenken)
- August : Solle mir haut ro'eg bleizen? Soll d'Schmieresch net kucke kommen?
- Ribou : T'ge'f mech wonneren. Op jidde Fall, wann sie könnt, da kuckt sie höchstens no engem Tablo, awer sie könnert sech net em eis.
- August : T'ass dach e sche'nt Liewen we' mir et ewell dé leschte Mo'nt haben.
- Ribou : Dat gléwen ech der. Mir müssen et nömnen daueré mâchen.
- August : Wâr et dei Plang fir d'Patronne bei hir Frenndin Nelly ze schecken?
- Ribou : Dât kann én huelen we' én et wöllt. Ech hu jo alt we'neg um Rad gedreht. An ech hun muenchmol net grad gewosst we' de Sâch ge'f ausgoen.
- August : Hâts de dann net un alles geduecht?
- Ribou : Am gro'ssen hat ech un alles geduecht, awer net genug an den Detailler. Mä lösst eis fir t'escht nach eng Ke'er drenken.
- August : Du hues recht (sie drenken, d'Augustine spiert op eng Ke'er we' de Kapp hir dre'nt) Oh, oh!
- Ribou : Wät ass? Gét et net?
- August : D'dre't e we'neg.
- Ribou : Klengt Médchen, du solls dach gewinnt sin, du, du Baurefrâ.
- August : (hiewt sech) T'ass ze we'neg Loft heibannen.
- Ribou : Wölls du en Tour mâche goen?
- August : Nén... ech fêrten.....t'sinn zevill Trepplecken.
- Ribou : Mä da setz dech duer an d'Fotel.
- August : Jo dat ass dat bescht, a wann ech sollt entschlofen, dann erwächs de mech. (setzt sech an d'Fotel) Dann erziel mir elo we's d'et gemach hues dat d'Joffer Bordier bei d'Nelly gezogen ass, an eis hei eleng hause gelôss huet.
- Ribou : No dér verkrächter Freierei war d'Joffer ganz deprime'ert. Duefir huet d'Nelly se matgeholl. Et war ðu fir mech net schwe'er se ze iwerriéden, dat dach é misst am Haus bleiwen, wann d'Berta vleicht erem ke'm mat sengem Gleck.
- August : Du hues dach patent Ideen, an d'Joffer Jacqueline huet e göllend Härz.
- Ribou : Dât sés de gudd. An d'misst é sche'n domm sin, fir net dovun ze profite'eren. Dach elo hu mir genug geklâtscht. Ech muss emol mei Compte fir haut machen (hólt e Carnet fir ze schreiwén) Wät hun ech haut ausgin? (schreiwt) Möllech, Bro't, Wein e Poulet, UebstKichelcher, de Quetsch, en Apéritif,... ech froe mech op sie dat do alles eso' ro'eg astiéche wert, o'ni ze grommelen (Augustine schle'ft an der Fotel) Ech vergiessen dach neischt? (le'sst de Carnet opgeschloen um Dösch leien) Da lôss mer elo dé leschte Bre'f kucken.

(ze't e Bre'f aus der Täsch) Ë könnt nach emmer vu Nice.
 (mecht en op) Ech hun eso d'Impression we' wann en so' lues
 midd ge'f ze schreiwen (léist de Bre'f lues) T'gét alles
 gudd, e schwätzt net me' vum Eremkommen. Mir kre'en nach
 sche'n Dég, Augustine (d'Augustine schnarcht) Eh Augustine,
 (d'he'ert én e Gereisch vu baussen, Ribou zerreisst se'er de
 Bre'f a stecht d'Stecker dervun an d'Schirtechstäsch)
 Augustine, erwäch, t'ass d'Patronne! (Augustine mecht e Sâtz)
 Huel dat hei se'er mat an d'Kichen (get em d'Schnapsfläsch
 an d'Hand) Ge' se'er! (Augustine ôf)

2.Szén, Ribou, Jacqueline, Nelly

Jacquel : (könnt duerch d'Mött mam Nelly) Bonjour, Madame Ribou
 Ribou : Bonjour Joffer.
 Jacquel : Ké Bre'f?
 Ribou : (matleidig Minn) Leider nén, meng le'f Joffer.
 Jacquel : Och kén Telephone?
 Ribou : Och neischt, an sinn net gewäch, meng le'f.
 Jacquel : A vum Berta?
 Ribou : (mat Schmierz) Nach ömmer keng Nouvelle .
 Jacquel : Elo wier et dách bâl un der Zeit dat mir de' Sâch e we'neg
 brusque'ere ge'wen. Mir können dach net e'weg op et warden.
 Ribou : Ech hun och schon eso' geduecht. Awer wuer gét én et sichen?
 Jacquel : D'Polizei huet Möttel de' mir net hun.
 Ribou : D'Polizei? Dat et soll gepengecht gin? Oh mei, néné!
 Jacquel : An dach...
 Ribou : Mir brauche keng Polizei. D'arent Kand könnt vum selwen
 erem. An dén Dag, ech sin es secher, verzeiht der him ganz
 gär, dat et iéch fir e puer Dég verlôss huet, fir d'Gb ck
 och an en ânert Haus ze droen.
 Jacquel : Wier et nômme wo'er, wât dir elo sôt. (während dém huet
 d'Ribou d'Tâssen an d'Zockerdöppchen an d'Hand geholl. Gét
 ôf, lenks)

3.Szén, Jacquel, Nelly, dann Ribou, Augustine

Nelly : (setzt sech) De' Frâ do schengt mir ganz katho'lesch.
 Jacquel : Firwât?
 Nelly : Hirt Benehmen ass net frei. De' we'neg Me' de' sie sech get
 fir d'Berta erem ze fannen, mecht mech stutzeg. Soll ech dir
 mol soen, wât ech denken?
 Jacquel : (mecht him en Zéchen t'soll ro'eg sin) Pst. - (gét op den
 Ze'wen bei d'Kichendir, reisst se op, Ribou an Augustine
 de' un der Dir gelauschtert hun, fâlen lâng an d'Zömmen)
 Aha, mä gene'ert iéch dach net, eis Un'erhaltung interes-
 se'ert iéch dach ganz bestömmt, gelt?
 Ribou : Wis? Ganz a guer net. Awer mir wöllen net behandelt gin we'
 ganz gemeng Dengschtleit.
 Jacquel : An dém Fall musst dir och ganz we'neg me' Diskretio'n
 beweisen.
 (Ribou an Augustine gin erem aus)

4.Szén, Jacquel, Nelly

Nelly : Geseis de, ech hun Recht.
 Jacquel : Jo, ech mengen ech misst mech dach entschle'ssen de' Leit
 do eraus ze geheien.
 Nelly : Hu häss et scho lang solle machen.
 Jacquel : Jo, t'wir scho geschitt, wann d'Berta net wier. Fönds du
 net och, dat d'Verschwannen vum Berta gené zesumme gefall
 ass mat dér traureger Gesicht vu mengem Freier?

- Nelly : Gewöss, dat ass sonnerbar. Awer mech könnt d'Verhâlen vun der so'genannter Nourice nach me' komesch fir, grad we' de' Tata, de' sech och nach elo hei agenist huet. Allen 2, nodém se sech den e'schten Dag gudd zerrappt an zerklappt hâten, schengen sech haut gudd se verdroen, op deng Kâschten.
- Jacquel : Wât wölls du do soen?
- Nelly : Ech wöll neischt soen. Awer wann ech an denger Plâtz wier, ech ge'f emol sichen e we'neg me' kloer an de' Sâch ze gesin.
- Jacquel : Du hues vleicht Recht. Awer leider ge'f dat net vill u menger Situation ännere.
- Nelly : Wât wés du - (kleng Pass) So, huet d'Edoline nach net geschriwen?
- Jacquel : Nén, nach net, ech wunnere mech.
- Nelly : We' l'ang sollt seng Rés an de Midi daueren?
- Jacquel : Eng 8 Dég.
- Nelly : Sollt et net duerch Nice fuere?
- Jacquel : T'hât mer et versprach.

5. Szén, viereg, Edoline

- Edoline : (könnt duerch d'Mött) Bonjour
- Jacquel : (stét op) Hei elei!
- Nelly : Wât fir e glecklechen Hasard. Mir hun elo grad vun dir geschwât (emärmt se) Hues de eng sche'n Rés gemacht?
- Edoline : Excellent no alle Seiten
- Nelly : Net ze midd?
- Edoline : T'gét.
- Jacquel : Ah, ech si glecklech dech erem ze gesin. An, hues du deng Zéchnungen ofgesât, we's de wölls?
- Edoline : Ech ka mech net bekloen. Mä dat ass Niewesâch. Merci, Jacqueline, dass du dech fir meng Affairen interesse'ers; mä wann ech drop hâlen, direkt vum Zuch heihin ze kommen, dann ass et fir dir vun denger Sâch ze schwetzen.
- Jacquel : Hues du eppes Neies?
- Edoline : Awer secher. Ech ka bâl soen, e ganze Wôn voll Neies.
- Jacquel : Ass et wo'er?
- Nelly : Bravo, Edoline.
- Edoline : Ech fänken emol gleich un, a mâchen dir e gro'sse Reproche, Jacqueline.
- Jacquel : Mir?
- Edoline : Awer secher, dir.... Wells du dém anonyme Bre'f gegléwt hues.
- Jacquel : Wât wölls du domatt soen?
- Edoline : Ech wöll soen, dat alles gelunn a gestonk ass. Ech hun nämlech mat mengen égenen Aen gesin, a mat mengen O'eren he'eren, dat dei Freier sech ganz gudd an der Affaire beholl huet, dat d'Lordel Bank vun Dickerech widerfest do stét. D'Rés war eng dringend Geschäftsre a keng Flucht.
- Jacquel : Bass du ganz secher?
- Edoline : Ganz secher, well ech hu mech nähmlech ganz gené bei engem Dickerecher informe'ert, wâts du, niewebe bei gesôt, och schon l'ang hâtts solle machen.
- Jacquel : (ass ganz geschloen duerch de' gudd Noricht) O'h?
- Nelly : Wât hun ech dir ömmer gesôt? Du geseis dâch ewell an, dats du d'Opfer vun enger ganz infacher Machination wars.
- Jacquel : Jo, jo, ech muss et jo wârteln, awer....
- Edoline : Wât ass dann nach, awer?
- Jacquel : Do ass nach d'Verhâlen vun Roger selwer. Fir wât huet hié mir ké Wuert gesôt? emol net eng Ke'er vun Nice geschriwen?
- Edoline : Bass du ganz secher dat hién net geschriwen huet?
- Jacquel : Ganz secher.

- Edoline : A wann ech dann d'Ge'gendél behâpten?
 Jacquél : We'?
- Edoline : De Roger huet dir all Woch 2mol geschriwen an du hues em nie geântwert.
 Jacquél : Ech schwieren dir.....
 Edoline : Schwier net, Jacqueline. Ech sin et dât d'Wo'recht sét.
 Jacquél : A vu wém wéss du dât?
 Edoline : Vun him selwer.
 Jacquél : Hues du e gesin?
 Edoline : Nén, mä ech hu mat him geschwât.
 Jacquél : A we' dât?
 Edoline : Da lauschter. Ech sin op Nice an den Hotel komm, wo' sie, de Roger a sei Papp mat engem Sekretär ofgestiege sin. De Sekretär huet mech empfangen well de' âner zwe'n grad net dohén waren, t'ass wirklech e charmante Mann, eso' dat et mir ganz licht war fir ze schwetzen. Hié sôt hié wier seit länger Zeit intime Friend vun Här Lordel. Ech hun him alles verziélt.
 Jacquél : Alles?
 Edoline : Jo, alles. Ech hât eso' en Zo'trauen zu dém Mann, dat ech him kén Détail verschwigen hun. Ech kann dir soen, hién hât net vill Me' fir alles fir alles wât ech ge'nt de Roger virbruecht hun, ze widerléen. Fir mech ganz ze iwerzégen, huet hién während dem Gespre'ch eng Telephonsnummer gedre't a mir den Hörer gin.
 Jacquél : An du konns mat schwetzen?.... A wât huet hié gesôt?
 Edoline : Mä wât ech dir elo grad gesôt hun. Dât hién dir geschriwen huet ir hién vun Dickerech fort gong, an duerno all 2 Dég. Hién kann nômmen net verstoen, dass du him net é Bre'f beântwert hues.
 Jacquél : Ass eso' eppes me'glech?
 Nelly : Wât hun ech dir ömmer gesôt, Jacqueline. Du geseis dach dat hei am Haus e Complot ge'nt dei Gleck hestét. Glecklecherweis ass de' Schölleg net schwe'er ze demasque'eren.
 Jacquél : (stét op) Du hues recht, Nelly, an ech verspréchen dir, t'wèrt de' Ke'er net lång schléfen (zum Edoline) Mä wat huet hién nach gesôt?
 Edoline : Hién huet gesôt, dat wann sie erem ke'men, sein e'schte Gank heihin wier, fir dir Geléenhét ze gin hién em Verzeihung ze biéden, datts du un him gezweifelt hues.
 Jacquél : (sprengt dem Edoline em den Hals) O, we' sin ech so' glecklech, Edoline.
 Edoline : Ech sin et och fir dech, Jacqueline!
 Jacquél : Merci villmôls, merci, Edoline.
 Nelly : T'ass awer och net me' we' recht, datts du him merci sés, well hat ass et dach, dat dir d'Gleck an Fréd erem bruecht huet.....

6. Szén, Berta, vireg, Assistante

- Berta : (kônnst op émol duerch d'Môtt era gesprongen, fällt an dé leschte Sätz) ...Ech sin et (Berta kuckt midd dran, seng Kléder net manner. D'Assistante ass hammert him era komm)
- Allen 3 : Berta!!!
- Assist : Joffer Jacqueline Bordier, w.e.geliff?
- Jacquél : (trött vir) Ech sin dât, Joffer. Wât wier iéch gefälleg?
- Assist : Ech sin Assistante sociale vun der Stâdt Dideleng: Dât jongt Médchen ass zu Dideleng vun der Polizei eis bruecht gin, an et behâpt, et wier bei iéch am Dengscht, stômmt dât?
- Jacquél : Eso' ass et. Mä wât huet et da gemâch?
- Assist : Oh, et ass net schlemm. Bero'egt iéch. D'Polizei hât Meldung krit duerch de Chef de gare dat et sech an der Gare an engem eidelen Coupé ge'f erem dreiwen. Natirlech ass et eis du bruecht gin.

- Jacquel : Ass eso' eppes meglech?
- Assist : Well et nach eso' jonk ass an eigentlech ké Verbriechen begangen huet, wollte mir et op d'Rum brengen. Mä d'Kand huet fest behäpt, dir ge'ft et erem huelen. Ass dât eso'?
- Jacquel : Jo, wât wöll ech ânescht mâchen?
- Assist : An dém Fall biéden ech iéich mir dén Ziédel hei ze önnerschreiwen.
- Nelly : Du wërds dach dât net mâchen, Jacqueline?
- Jacquel : Fir wât net?
- Nelly : Du bass verreckt. Dât Médchen kann dir dach kén Dengscht léschten.
- Jacquel : T'huet mir awer d'Gleck rom bruecht.
- Edoline : Pardon, ech Proteste'eren. Ech hun dir d'Gleck erem bruecht.
- Jacquel : O'ni Zweifel, Edoline. Awer du kanns dach konstata'eren, grad eso' gudd we' ech, dat sei Retour op d'Neis gené zesummefällt mat denge gudde Nouvellen.
- Nelly : Du mat dengem Aberglawen..
- Assist : Em wât handelt et sech? Ech verstinn net gudd.
- Jacquel : D'Berta ass mei Porte-bonheur, ech well mech net me' vun him trennen.
- Assist : Ere Porte-bonheur? ...Mä wârt emol...Handelt et sech em dat Médchen wo' d'Presse so'vill geschwât huet virun engem Mo'nt?
- Jacquel : Eso' ass et.
- Assist : T'ass also hat dat d'Chance an all Haus bruecht huet, wo' et ugestalt war?
- Jacquel : T'ass hat. A wât mech ugét, kann ech iéich versecheren, dat et mir d'Liéwe gerett huet.
- Assist : Meng Gleckwönsch. Mir dir erlâbt elo secher dat ech iéich d'Renseignement virliésen, de' mir se'er agezun hun, iwer dé Mo'nt wu hat vun iéich fort war?
- Jacquel : Jo, secher .
- Assist : Da lauschttert. (liést vun engem Blâd) De 15.Mé ass hat engage'ert gin vun enger Filmgesellschaft vu Bre'ssel fir e Film ze dre'en. Den 31.Mé war de' Gesellschaft faillite. Den 3.Juni huet e Mann dât Médchen mat sengem Auto matgeholl fir et erem ze brengen. Bei Arel ass d'Maschin emgeschloen, an e Mann ass an d'Spidol ageliwert gin mat engem Schädelbroch. Berta hât neischt an ass du Serveuse gin an engem Café, mä de 9. ass do agebrach gin, an de Patron schwe'er verletzt. Duerno war d'Berta op engem Haff, 8 Dég duerno ass den Haff verbrannt. We' et duerno op Dideleng komm ass, ass net bekannt, mä do huet an Eisebunner a senger Guddhét him de Coupé gewisen, wo' hat 2 Dég gehaust huet. Duerchhde' Guddhét, ass dé betreffenden Eisebunner schwe'er verwise gin, a wêrd lîng misse wârden, bis hián avance'ert. Eso'. Gudd verstâne, Joffer, ech wöll iéich net beeinflussen. Mä ech hun dach geduecht ech misst iéich e we'neg dém iwernatirliche Wiésen seng Egenschâften belichten
- Nelly : An elo Jacqueline? Bass d'ewell bâl hell?
- Jacquel : Ganz bestömmt, Nelly (zur Assistante) Eng kleng Frô, Joffer wât mâcht dir mam Kand wann ech et net unhuelen?
- Assist : Et könnt op d'Rumm bis dat et gro'ssjähreg ass.
- Jacquel : Merci, ech wéss wât dat bedeit.
- Nelly : Ech wéss et och. Awer du kanns et dach senger Nourice oder Tata iwerlössen.
- Jacquel : (sét neischt).....
- Assist : Also, Joffer Bordier, we' huet der iéich entschloss?
- Jacquel : T'ass beschloss, ech behâlen et.
- Assist : Ganz gudd. Dann önnerschreiwt, hei w.e.geliff. (Jacquél önnerschreiwt) Merci, dir braucht iéich elo fir neischt me' ze beonro'egen. Eng Klô könnt me'; èr Signature annule'ert alles. - Au revoir, dir Jofferen.
- Allen 3 : Au revoir (Assistante ôf)

7. Szén, viereg, o'ni d'Assistante

- Berta : (sprengt dem Jacqueline em den Hals) Oh, merci, Joffer
 Jacquiel : (mecht sech frei) Eng Minut, eng Minut, mei Kand. Ech versti jo dat dir fro' siad, mä elo gidd emol fir t'escht iéech wäschen. We' könnt dât, dat dir eso' knaschteg sidd?
 Berta : T'war ké Wässer a mengem Coupé.
 Jacquiel : Da gidd elo och mol kucken op ként an der Kichen ass (Berta gét op d'Kichen zo') An ech averte'eren iéech dat an Zukunft muss geschafft gin. D'Geschicht vum Portebonheur ass aus. (Berta ass bei der Kichendir) Ah wât...
 Berta : Wât ass dann?
 Jacquiel : Git net an d'Kichen.
 Berta : Firwât?
 Jacquiel : Well verschidde Perso'nen dobanne sinn, de' dir net me' darft gesinn (weist op d'rechts Dir;) Gitt a mein Zômmer. An dir kommt ere'scht erm wann ech iéech ruffen.
 Berta : Gudd (ôf no rechts)

8. Szén, viereg o'ni Berta

- Nelly : (stét op) Wât hues du e gudd Hèrz.
 Jacquiel : Kritise'er mech net, Nelly. Ech hun eng gro'ss Schold ge'nt dât onglecklecht Médchen. Ech ka mech net entschle'ssen fir et der Rumm oder enger Erze'hungsanstalt ze iwerlössen.
 Nelly : Ech verstinn dech, mä wât gedenks du mat him ze mâchen?
 Jacquiel : Ech behâlen et als Modell. Duefir ass et perfekt. T'ass onbeweglech we' eng Statue.
 Nelly : Dât ass och dât énzegt wât et fêrdeg brent, an di âner 2?
 Jacquiel : D'Tata an d'Nourice? Löss mech nemme gewerden. Dénen hirt Lo's ass elo geschwenn geregelt.
 Nelly : Wölls du sie uklôen?
 Jacquiel : T'sollt én eigentlech.
 Edoline : Pass op, Jacqueline, do muss é Beweiser hun.
 Nelly : Mei ja, t'ass net secher op d'Madame Ribou dén anonyme Bre'f geschriwen huet.
 Jacquiel : An all di âner vum Roger önnerschlôen?
 Edoline : Du hues guer keng Spuer vu Beweis, sie kann et légnen.
 Nelly : An dât mecht sie bestômmt, mat dém Toupi dén sie huet. (höllet de Carnet dén d'Ribou um Dösch leie gelöss huet) A wât ass dât hei, Jacqueline?
 Jacquiel : Dât ass de Carnet, wo' sie hir Compten opschreiwet. Sie huet e bestômmt leie gelöss, fir dat ech hir e soll réglen.
 Nelly : (liést) Quetsch, Poulet, Apéritif...t'liéwt én net schlecht an dengem Hotel.
 Jacquiel : Sie ka warden bis ech hir dat bezuelen.
 Edoline : Du hues awer och recht.
 Nelly : (huet nach ömmer de Carnet an der Hand) Hues du dén anonyme Bre'f nach?
 Jacquiel : Dén anonymen, jo, ech hun en a menger Poche.
 Nelly : Weis mir en emol.
 Jacquiel : (get em de Bre'f) Wât wölls du machen?
 Nelly : (hällt d'Schröfte beienén) De' Schelleg sichen?...Hei sin deng Beweiser, Jacqueline.
 Jacquiel : Bass du secher?
 Nelly : T'ass kén Zweifel me'glech. Kuck dâch slewer d'Form vun de klengen "t", de' Mekefe'ss an de' vill Schreftfehler.
 Jacquiel : T'ass wirklech frappant.
 Edoline : Also, da mâch virun, an erledegt de' Affaire op der Plâtz. Mir sin hei fir eng Hand unzepâken, wann et ne'deg wâr.

32
9. Szén, vireg, Ribou, Augustine

- Ribou : (kennt vu lenks, gefollegt vum Augustine) Onnötz! (de' âner si we' erschreckt) Maja. - We'? Kuckt mech net we' e Mirwonner. Ech hun alles he'eren. Ech hätt jo können duerch d'Entrée de service duerch d'Bascht goen, awer ech bezuele le'wer. Dât mecht mir d'Gewösse frei. (streckt d'Hänn hin) Allez, lét mir d'Fesselen un. - Dir könnt der Polizei telephone'eren, ech bouge'eren net.
- Jacquel : Er Gewössensbess kommen e we'neg spe't, Madame Ribou.
- Ribou : Spe't oder net, d'Resultat ass dat selwecht (zum Augustine) Wât wards de nach? Réch deng Hänn heihin.
- August : Fir wât ze mâchen?
- Ribou : Fir de Bracelt. Hues de verstânen? Mir wiésselen d'Hotel.
- August : A wât nach? Ech sin dach fir neischt an der Geschicht. Wanns du Dommhête gemâch hues, da bezuel se och.
- Ribou : Ma so, d'fehlt dir un Toupi. Du hues dech hei gemescht, du lo'chs mir de ganzen Dag an den O'eren dat ech d'Sâch emmer soll verlängeren... an elo ge'fs de gâr hun, ech soll d'Sôss eleng rausläffelen.
- August : Kuck, we'ss de fêrdeg ge'ss. Ech soen dir nach eng Ke'er, ech wöll net an dei klenge Knascht gemescht gin. Ech gin erem hém...
- Jacquel : Er Streidereien gehe'eren net heihin. Ech biéden iéch allen zwé de Mond ze hâlen. (zu Ribou) Mme Ribou, dir hutt iéch eng Handlung zu Schölde komme gelôss, de' mir mei ganzt Liéwen hätt könne briechen. Dir hut s'elo grad bei Zeien zo'gestânen, an d'breicht net me' fir datt dir se misst schwe'er bezuelen.
- Ribou : Ech sin derzo' berét.
- Jacquel : Ech gsin et. Awer eng Frô nach. Wât fir Grönn hât dir fir eso' ze handeln?
- Ribou : Ech hât ké Grond.
- Jacquel : Dir musst dach e Grond gehât hun?
- Ribou : Zerbriecht iech de Kapp net, ech erziélen iech alles. D'Augustine kann éch soen, dat ech virun 10 Joer hei an d'Stâdt komm sin. Ech konnt net me' dohém bleiwen. Ech hât Pech an hun all Mönchen veruecht. D'Kanner hu mir nogeruff...De' e'scht drei Me'nt hei an der Stâdt war ech schbcht drun. Nodém ech mir du falsch Certificats'en fabrizert hât, hun ech d'Plâtz als Concierge hei am Haus krit
- Jacquel : Sidd dir schon lo Joer Hei?
- Ribou : Awer secher, lo Joer, gelt, do wonnert der iéch, dat dir nie eppes vu mir he'ern hut. Dir musst wössen, ech hât mir fest virgeholl eso' ze liewen, brav, we' nemmen én. - Nömmen d'Berta war do. E sche'nen Dag ass dât Kand bei mech kriesche komm. D'hât seit 2 Dég neischt am Bauch. An du, gelt, setzt iéch a meng Plâtz...ech hun eppes misse fir dat Kand machen. Du hun ech iéch et eben opgeschwât. Eso' ass et gang. De Rescht dé wösst dir jo. D'Geschicht vum Porte-bonheur huet mir de Kapp verdre't. Ech wollt dervun profite'eren. Fir d'e'scht e we'neg, an du all Dag me'. D'gewinnt én sech se'er un d'gudd Liewen... eso' elo könnt dir mech arrête'ern, ech hun iéch alles gebeicht (récht d'Hänn erem hin)
- Jacquel : A wann ech iéch ge'f frei lôssen?
- Nelly : Du wêrds dat dach net machen, Jacqueline, iwerlé dach.
- Jacquel : Lôss mech Nelly, t'ass eng einfach Frô.
- Ribou : Ech wéss net. Vleicht geng ech erm hém. (zum Augustine) Mengs de se ge'wen mech dohém rem leiden?

- August : Ech sin net secher. T'ass well zenter lo Joer vill Wässer d'Bêch era gelâf, awer....Nujé, mir zwé könnten eis schon arrange'eren.
- Jacquel : Mme Ribou, ech verzeihen iéech net. Er Handlong ass zevill schlecht a verdengt eng gudd Strôf. Nömmen, d'Berta ass do. D'Berta dât eso' eng gro'ss Roll a mengem Liéwen gespilt huet. Ech wéss dat hat mei Gleck gamach huet. Haut ass dat Gleck erem komm. Dir hut all èrt Me'glecht gemach, fir mir dat Gleck ze zerste'ern; mir 2 sin awer elo quitt (zerreist den anonyme Bre'f) Elo, macht iéech eraus elei, Mme Ribou.
- Ribou : Merci, Joffer Bordier. Ech....nén....ech versprieche iéech neischt, dir ge'ft mir jo dach net gléwen. (hölt d'Aug; mam Arm) Komm du...
- Jacquel : An dir macht dat èr Miwelen eso' bal we' meglech verschwanen?
- Ribou : Jo, mar de Muergen.
- Jacquel : (zu Augustine) An èren Hond...
- August : Dén ass en hât zevill gefriéss..
- Ribou : (gét bis bei d'Dir am Fong) Därf ech d'Berta net me' gesin?
- Jacquel : (streng) Nén!
- Ribou : (mecht d'Dir op, lues) A meng Compten?
- Jacquel : Er Compten? Wât fir Compten?
- Ribou : Mei Klenge Carnet? ech
- Jacquel : Dir denkt dach net drun? Soll iéech och nach vleicht d'Pension bezuelen?
- Ribou : T'ass wo'er... ech fänken un de Kapp ze verle'eren. (zum Augustine) Awer du bezuels d'Halschecht!
- August : A wât nach?
- Ribou : Mä du wërds dach net mengen ech ge'f alles bezuelen?
- August : Ech war dach op Besuch bei dir.
- Ribou : Hât ech dech da geruff? Du bass dach selwer dech heihin installe'ere komm. Huet é scho jé eso' eng Kre'schel gesin?
- August : Le'wer eng Kre'schel we' eng Stiélesch.
- Ribou : Eng Stiélesch? Ech?
- August : Jo, du bass eng Stiélesch.
- Ribou : (hét er eng mam Prabeli op de Kapp) De' ass fir dech.
- August : (dat selwecht) An de' do ass fir dech.
- Jacquel : (sprengt der teschend) Ah nén, ké Kome'di, hei! (mecht d'Dir op) Allez, eraus elei!!! (t'he'ert én se nach streiden dobaussen)

10.Szén, Jacquel, Nelly, Edoline, dann Berta

- Jacquel : Wât eng Geschicht!
- Nelly : Jacqueline; ech mengen du bass zevill gudd. Mengs de net och, Edoline?
- Edoline : Ganz bestömmt.
- Jacquel : Wât hätt dir da gemach? Sie arrêtere gelôss?
- Nelly : Sie hât et verdengt.
- Jacquel : Ganz bestömmt. Mä dir musst dach och verstoen, dat dén Dag, wo' mei Gleck erem komm ass, ech net wollt hun, datt en duerch e Racheakt soll gedre'wt gin.(wiésselt den To'n) Allez, lôsst mir net me' dovun schwetzen, wöllt dir? Edoline, mengs du de Roger könnt haut kommen?
- Edoline : T'ass ganz gudd me'glech. De Schnellzug vu Metz könnt ge'nt 6 Auer.
- Jacquel : (kuckt op seng Auer) An 2 Stonnen. - Mir gin en dach sichen (hölt seng Poche) Mä wât muss ech e Gesicht hun no all dér Opréggung? (ze't seng Pudderbecks eraus)sicht nom Spigel) Wo' ass dach nömme mei Spigel?
- Nelly : (hölt seng Poche) Wölls du mein?

- Jacquel : Nén, merci, Nelly; ech hun e gro'ssen a mengem Zömmen
(riff) Berta: (Berta erschengt, huet en âuert Kléd un)
Ah la bonne heure, elo sidd der dach emol rem presentabel.
- Berta : Ech hun mech e we'neg gewösch
- Jacquel : D'geseit én. Ech denken dach der iéch elo och we'neg
nötzelech erweist?
- Berta : Jo, Joffer.
- Jacquel : Sche'n, da gitt elo a brengt mir dé Spigel dén op menger
Toilette leit.
- Berta : Gleich, Joffer (of no rechts)

11. Szén, vireg, o'ni Berta

- Nelly : T'ass net iwel, dât Kand, wann e we'neg Suerg op sech
hält.
- Edoline : Vleicht brings du dach eppes mat him fèrdeg?
- Jacquel : Ech verzweiféle net.... mat Ausdauer.... (t'he'ert é vu
rechts we' é Spigel fällt a brecht) Aie, mei Spigel....
- Nelly : T'gét gudd un.
- Edoliné : E gebrachene Spigel.... 7 Joer Ongle'ck....
- Jacquel : Streng dech net un; a verle'er deng Zeit net; Edoline....
Ech sin net me' abergläubisch...

Vorhang

+==+==+==+==+==+==+